



- *Discussion générale: Mme Martine Mergen, Mme Taina Bofferding, M. Max Hahn, M. Roberto Traversini, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration*
- *Parole après ministre: M. Fernand Kartheiser, Mme Martine Mergen*
- *Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6904 - Projet de loi portant modification:

1. du Code du Travail;
2. de la loi modifiée du 17 février 2009 portant: 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogation pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail;
3. de la loi modifiée du 3 août 2010 1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l'emploi et à adapter les modalités d'indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail; 2) modifiant les articles L.513-3, L.521-7 et L.523-1 du Code du Travail; 3) modifiant la loi

modifiée du 17 février 2009 portant: 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Marc Spautz, Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire (questions de M. Marc Spautz et M. Serge Urbany)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. Discours de fin d'année de M. le Président

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
- *M. Eugène Berger*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Nicolas Schmit, Pierre Gramegna et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech maachen d'Sëtzung op.

Ech brauch jo d'Fro net ze stellen, ob Matdeelungen ze maache sinn, mir hunn eis eréischt virun e puer Stonne gesinn. Da fuere mer direkt mat eisem Ordre du jour weider. De Moien ass de Rapport vum Projet de loi 6866 virgestallt ginn, soudass mer direkt an d'Diskussioun kënnen eragoen. An den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Laurent Mosar, ass scho prett. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

2. 6866 - Projet de loi relative aux mesures de résolution, d'assainissement et de liquidation des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ainsi qu'aux systèmes de garantie des dépôts et d'indemnisation des investisseurs, portant:

1. **transposition de la directive 2014/59/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 établissant un cadre pour le redressement et la résolution des établissements de crédit et des entreprises d'investissement et modifiant la directive 82/891/CEE du Conseil ainsi que les directives du Parlement européen et du Conseil 2001/24/CE, 2002/47/CE, 2004/25/CE, 2005/56/CE, 2007/36/CE, 2011/35/UE, 2012/30/UE et 2013/36/UE et les règlements du Parlement européen et du Conseil (UE) n°1093/2010 et (UE) n°648/2012;**

2. **transposition de la directive 2014/49/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relative aux systèmes de garantie des dépôts;**

3. **modification:**

a) **de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;**

b) **de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;**

c) **de la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière portant:** - **transposition de la directive 2002/47/CE du Parlement européen et du Conseil du 6 juin 2002 concernant les contrats de garantie financière;** - **modification du Code de commerce;** - **modification de la loi du 1<sup>er</sup> août 2001 concernant la circulation de titres et d'autres instruments fongibles;** - **modification de la loi du 5 avril 1993 relative au secteur financier;** - **modification du règlement grand-ducal du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l'article 1<sup>er</sup> du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation de valeurs mobilières;** - **abrogation de la loi du 21 décembre 1994 relative aux opérations de mise en pension;** - **abrogation de la loi du 1<sup>er</sup> août 2001 relative au transfert de propriété à titre de garantie;**

d) **de la loi du 19 mai 2006 portant transposition de la directive 2004/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 avril 2004 concernant les offres publiques d'acquisition et**

e) **de la loi du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales de sociétés cotées (suite)**

*Discussion générale*

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, Merci. Léif Kollegeinnen a Kollegen, Här Finanzminister, de Mëtten ass e ganz wichtege Nomëtten, well do wäerte mer dräi extrem wichtige an zälféierend Projeten ofdiskutéieren an ofstëmmen, déi eis Finanzplaz betreffen, notamment de Projet de loi 6866, iwwert dee mer elo emol direkt diskutéieren, deen zesummegehall mam Projet de loi iwwert de Fonds de résolution eigentlech eng ganz wichteg Etapp an der Mise en œuvre vun der Bankenunioun hei zu Lëtzebuerg duerstellt.

Ier ech mech mat deem Projet beschäftegen, erlaabt mer awer, wéi dat iwwerlech ass, e ganz grouss Merci ze riichten un de Rapporteur, de Guy Arendt, deen, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, och hei erëm eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet.

Ech wëll vläicht dann och vun der Geleeënheet profitéieren, well ech mengen, et dem Guy Arendt seng lescht Sitzung ass, fir him ze féliciteiere fir seng Nominatioun, him och Merci ze soe fir déi gutt Aarbecht, déi en eigentlech ëmmer an der Finanzkommissioun geleescht huet. Mir hunn dat ëmmer apprécieiert, och, an da sinn ech scho bei dësem Projet, Här President, wann e bei dësem Projet - a mir wëssen, et ass e roueg, équilibréierte Mënsch! - awer do an enger Sitzung e bëssen aus der Këscht gesprong war, den Här Arendt!

(*Interruptions*)

An dofir, Här President, muss ech lech soen, sinn ech och frou, dass hie Kulturstatssekretär gëtt,...

(*Hilarité*)

...well do brauch ee roueg Leit. Wat net gutt gewiescht wär, dat wär, wann en d'Relatioun mam Parlament kritt hätt no deem, wat en do gesot hat; dat war net grad dat Feint.

An de Guy Arendt weess dat och, ech huelen him dat och net iwwel, well ech weess, dass e bis op dee klengen Ausrutscher - dat kann eis alleguerter passéieren - eigentlech eng exzellent Aarbecht gemaach huet. Ech féieren och dee klengen Ausrutscher, Här President, dorop zréck, dass och den Här Arendt extrem nervös bei deem Projet de loi hei war, wat net verwonnerlech ass. A mir wäerten herno och d'Grënn vun där Nervosität matkreien. Dofir, Merci, Här Arendt, a wéi gesot, bonne Chance an Ärem neien Amt!

► **M. Guy Arendt** (DP), *rapporteur*.- Merci.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, ech kommen awer net derlaanscht, hei nach eng Kéier op déi Aart a Weis anzegoen, wéi hei d'Chamber, an net nëmmen d'Chamber, an ech wäert nach dorop agoen, wierklech, ech géif soen, op eng Aart a Weis hei virun de Fait accompli gestallt ginn ass, déi fir mech a menge geschwënn 22 Joer Parlamentsaarbecht eigentlech unique ass! Ech hunn dat nach ni erlieft. De Kollege Gast Gibéryen hat gëscht vu 27 Joer, de Claude Wiseler vu 16 Joer geschwat. Ech mengen, mir sinn eis alleguerter eens: Dat, wat dëst Joer, d'lescht Woch an dës Woch iwwert d'Bün hei an deem Haus gaangen ass, dat ass einfach net ze beschreiwen!

An, Här President - an ech weess, dass de Rôle vum Parlament lech uewe läit, ech soen dat

och fir mech mat -, dat, wat d'Chamber leider Gottes d'lescht Woch an dës Woch huet hei misse maachen, dass ass keng Glanzstonn vun deem Parlament! Dass ass awer manifestement net d'Schold vun der Chamber, an ech wäert och dorobber ze schwätze kommen.

Wat elo d'Prozedur ubelaangt, Här President, wëll ech nach eng Kéier rappeléieren, et ass schonn e puermol och hei gesot ginn, dass mer hei vun zwou Direktiven eigentlech schwätzen. Déi eng, déi kënnt vum Mee an déi aner vum September 2014. Déi zwou Direktiven, Här President, hätte misse bis Enn 2014 ëmgasat ginn! De Fonds de résolution, iwwert dee mer herno schwätzen, hätt misse bis Enn vum leschte Joer ëmgasat ginn! Mir sinn eent, wann net dass eenzegt Land an der gesamter Europäescher Unioun, dass de Fonds de résolution nach net ëmgasat huet!

An, Här Finanzminister - wann Der dann erlaabt, Här President, dass ech mech hei eng Kéier och direkt un den Här Finanzminister adresséieren -, fir eis Fraktioun, déi jo och laangjäreg Regierungserfahrung, zumindest en Deel vun de Kollegen, hat, ass dass do onverständlech, wéi eng Regierung während annerhallwem Joer näischt an esou wesentlechen Dossierer ënnerholl huet a gewaart huet, quasisment bis Enn des Joers 2015, fir iwwerhaapt d'Projet-de-loien ze déposéieren!

An, Dir Dammen an Dir Hären, et ass vläicht net kloer genuch gesot ginn: De Kommissiounspräsident himself, de Jean-Claude Juncker, huet d'Regierung am Oktober opgefuerdert, dass se endlech sollt dee Projet de loi iwwert de Fonds de résolution op den Instanze-wee ginn, well se quasisment dass eenzegt Land an der Europäescher Unioun wär, dass dat net gemaach hätt. An ech hätt wierklech do gär vum Finanzminister eng Äntwert, well et kann een net alles, Dir Dammen an Dir Hären, op d'Présidence huelen! Hei ware mer jo nach ee Joer virum Ufank vun der Présidence!

Firwat ware mir hei net capabel, war de Finanzministère net capabel, an esou wesentleche Sujete Projet-de-loien am Délai ze déposéieren? Ech muss lech soen, fir mech ass dass absolutt onverständlech!

Dass, wat awer nach derbäikënn: Hei sinn eng Rei vun exzellenten Avisen zu deem Projet gemaach ginn. Ech wëll se elo net alleguerter zitéieren, mä just zwee, well se wierklech ganz gutt sinn. Dass eent ass natierlech de Statsrot an dass anert ass den Avis vun der Europäescher Zentralbank. A wat fir mech do absolutt onverständlech ass, an do hätt ech och gär kloer Äntwerte vum Finanzminister: Den Avis vun der Chambre de Commerce ass de 4. Dezember an de Finanzministère eragaangen. Ech hu mech den 10. mat deem Projet beschäftigt. Dunn hunn ech gesinn, dass den Avis um Site vun der Chambre de Commerce war. Mir als Chamber haten deen Avis awer nach ëmmer net kritt!

Beim Avis vun der Zentralbank, der Europäescher Zentralbank, ass et nach vill méi schlëmm! Deen Avis ass den 20. November an de Finanzministère komm. Wéini hu mer e kritt? Zwee Deeg, nodeem de Projet an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert ginn ass! Do muss awer een eis emol erklären: Wéi ass et méiglech, dass do en Avis während zwou, dräi Wochen, an engem wesentlechen Dossier, am Finanzministère einfach leie bleift an e geet emol net virun?

An ech muss lech soen, et ass dach eng Blamage, Här President, fir e Parlament wéi dass Lëtzebuergesch, dass mir emol net iwwert dem Här Draghi säin Avis an der zoustänneger Kommissioun geschwat hunn! Ech muss lech soen, dass ass en Aarmutszeugnis fir d'Lëtzebuerger Chamber! An dass hutt Dir, Här Finanzminister, oder Är Regierung ze verantweren!

An da muss ech lech soen, an dass hunn ech guer net apprécieiert, wéi Der elo de Moien a

gëscht versicht hutt, deen aarmen Här Berger hei mat eranzezéien, andeem Der gesot hutt, de President vun der Finanzkommissioun oder d'Finanzkommissioun hätt sech jo scho vill éischer kënnen mam Projet saiséieren!

Här Finanzminister, ech wëll lech just soen, an ech schwätzen hei ënnert der Kontroll vum Här Meyers, engem eminente Verfassungsspezialist: Et ass nun eben emol eng Regel, déi och meeschtens, net ëmmer, an dësem Haus respektéiert gëtt, dass eréischt mat der Diskussioun vun de Projet-de-loien ugefaange gëtt, wann och d'Avis vum Statsrot doleien.

Also, wann ech gelift, an dësem Dossier ass just een Eenzege schëlleg, dass ass d'Regierung, dass ass de Finanzministère! A sot net ëmmer, dass wär d'Chamber, dass wär de Statsrot, herno ass et och nach deen aarmen Här Draghi vun der Europäescher Zentralbank! Huelt, wann ech gelift, Här Finanzminister, Är Responsabilitéit! Dir sidd ganz eleng un deem Mëssel do schëlleg!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **D'autres voix**.- Ooh!

► **Une voix**.- Deen Aarmen!

► **Une autre voix**.- Ei, ei, ei!

(*Brouhaha*)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, moies un Radio héiert ee jo heiansdo interessant Saachen. Den Här Gibéryen, dee gëtt ëmmer am Leien iwwerrascht.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Gott sei Dank!

(*Hilarité*)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech, ech ginn éischer am Stoen iwwerrascht. A wéi grouss war meng Iwwerraschung, ech war grad amgaangen, mech ze raséieren, Här President,...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

(*Hilarité et brouhaha*)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ...wéi ech eng Damm, déi ech eigentlech ganz staark apprécieieren, d'Madamm Elvinger, um 100,7 héieren hunn.

► **Une voix**.- Aah!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Déi hat do e sympathesch Sträitgespräch mam Här Wagner. Ech hu mech zwar heiansdo gefrot, ob déi zwee richteg erwächt wäeren, mä dass ass awer elo nëmmen...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ...eng Klammer. An do huet d'Madamm Elvinger,...

► **Une voix**.- Huet hie gedronk?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ...d'Madamm Elvinger eppes gesot, dass huet mech awer e bësse revoltéiert, an ech ka mer net virstellen, dass se dass eescht gemengt huet. Si huet nämlech gesot, d'Deputéierten,...

(*Interruption et hilarité*)

Ma ech kommen derzou, Här Gibéryen.

(*Brouhaha et hilarité*)

...d'Deputéierte géifen um fënnef Auer de Bic fale loosse! An do wierklech, Här President, war mir bal d'Raséierkléng aus der Hand gefall, well ech weess net, vu wéi d'Madamm Elvinger geschwat huet! Ech ka mer hei nëmme virstellen, dass se vun de Majoritéitsdeputéierte geschwat huet,...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!





► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ...well déi vun der Opposition, an ech kenne mindestens alleguerten déi aus der CSV, do kennen ech keen, Här President,...

**(Brouhaha général et hilarité)**

...do kennen ech keen, bei deem de Bic um fënnef Auer fällt. An ech hunn dat och net ganz korrekt fonnt, Madamm Elvinger, wëssend, datt d'Chamberskommissionen net méi fréi wéi de Samschdeg de Mëtte Projet-de-rapporte geschéckt kritt huet. Projet-de-rapporten. Dat heescht, mir hunn, zu enger Rei vu Kolleegen zumindest, en Deel vun eisem Weekend dermat verbruecht, fir déi dote Projeten, an haaptsächlech och d'Projet-de-rapporten ze kucken.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Mosar, erlaabt Der eng Zwëschebemierkung vun der Madamm Elvinger?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Bien entendu.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Merci, Här President. Vu dass den Här Mosar mech perséinlech ugeschwat huet, wollt ech just soen, dass ech bestëmmt net gesot hunn, d'Deputéierte géifen um fënnef Auer de Bic fale loos-sen. Ech mengen, dass ech éischter gesot hunn, d'Deputéierte géifen net just schaffe vun aacht bis zwielef a vun zwou bis sechs an dass, wann en Avis vum Statsrot donneschdesmëttes kënnt, een dann och als Deputéierten emol kann de Weekend schaffen, an dass dat zwar dat Normaalst vun der Welt wär.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Madamm Elvinger, ech hu just vum Bic héieren, well ech hat dofir bal meng Raséierkléng fale gelooss.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Awer bestëmmt net um fënnef Auer!

**(Brouhaha général)**

► **Une voix**.- Dat war den Här Berger, deen dat gesot huet.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Et ass och net, Här President, et ass och elo net dat Wichtigst.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Dann nennt mäin Numm net, wann Der mech falsch zitëiert!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Neen, mä ech hunn et awer selwer héieren, Madamm Elvinger!

**(Brouhaha général)**

Dann hutt Dir där Saach e bëssen,...

► **Une voix**.- Et war den Här Berger, et war den Här Berger!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et war den Här Berger op enger anerer Plaz.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ...eng aner Interpretatioun ginn. Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech mengen effektiv, dass et op enger anerer Plaz gesot ginn ass.

**(Brouhaha général)**

► **Une voix**.- Et war den Här Berger.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, meng Kollege Berger a Bodry - et ass schued, den Här Bodry ass elo de Mëtten net hei -...

► **Une voix**.- E kënnt!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Kënnt en? Da sinn ech berouegt.

...haten...

► **Une voix**.- Et ass traureg!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ...den Dëschdeg, nodeem...

**(Brouhaha)**

Här President, et ass schwéier,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo. Mä ech mengen, Dir sidd et gewinnt, fir lech...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech si gewinnt...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech mengen, Dir sidd et gewinnt, fir lech duerchsetzen. A setzt lech duerch, well soss gëtt et enk mat der Riedezäit!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ganz gutt, Här President. Also ech wollt soen, Här President, datt den Här Bodry an de Berger, den Här Berger...

**(Hilarité)**

...den Här Berger de leschten Dëschdeg, nodeem hei iwwert den Ordre du jour gestridde ginn ass, gemengt hunn, iwwerhaupt sollten

d'Diskussionen an d'Froen, déi d'Deputéierten hätten, am Plenum gestallt ginn. Dat wär eigentlech déi Plaz, dat huet den Här Bodry zumindest gesot. Ech hunn och gemengt, Dir hätt dat dann, wann Dir dat dann net esou gemengt hutt... Den Här Bodry huet op jidde Fall..., den Här Bodry hat ech esou verstanen, datt e gesot huet, mä eigentlech ass de Plenum do, fir iwwer Projeten ze diskutéieren a fir och Froen ze stellen.

An ech hu mer dat, Här President, zu Häerz geholl, well ech wollt jo net mä ganze Weekend fir d'Kaz verbruecht hunn, andeem ech mech do vill mam Projet beschäftegt hunn. Dofir hunn ech ganz genau hei 37, mä et sinn der e bësse méi, 45 Froe virbereet, vun deenen ech lech och direkt eng Kopie ginn, fir datt Der dem Här Minister déi kënnt ginn.

**(M. Laurent Mosar dépose une documentation sur le bureau de la présidence.)**

Ech versichen dann och elo, esou schnell wéi dat méiglech ass, fir op déi Froen alleguerten anzegoen, well ech gi jo dervun aus, a wéi ech eise Minister kennen, dee jo vill Respekt fir d'Chamber huet, dee wäert jo dann och herno op all déi Froen do äntwerten. Ech mengen, Dir hutt jo dann och e bëssen Zäit, fir ze preparéieren, well ech mengen net, datt elo vun der Majoritéit grouss Kritik a Froen zu deem heite Projet kommen.

Ech erlabe mer also, Här President, déi Froen elo alleguerten ze stellen.

Éischters wéisst ech gär: Firwat verfollegt de Minister, ech kommen herno nach eng Kéier in extenso dorop zrëck, déi Approche a maxima an net méi d'Approche a minima, déi mer bis elo ëmmer bei der Transposition vun Direktiven haten?

Zweetens: Riskéiere mer duerch déi Ëmsetzung hei net, schiedlech Dispositiounen fir d'Finanzplaz ze schafen?

Drëttens: Wat ass den Ënnerschied tëschent enger Compagnie financière holding mère au Luxembourg an enger Compagnie holding mixte ouni Referenz op Lëtzebuerg?

Véiertens: Och wat d'Compagnie financière holding mixte mère zu Lëtzebuerg ugeet, do gëtt sech iwwerhaupt am Règlement net drop referéiert. Ass déi virgesinn? Ass se net virgesinn? Wa se nämlech net virgesinn ass, géif dat seriö Problemer bréngen. De Statsrot notéiert an deem Kontext, datt och fir eng aner Kategorie u Compagnie-financière keng national Kategorie méi bäigefüügt gouf. Et stellt sech d'Fro, firwat?

Firwat benotze mir Wieder an eisen Definitionen, déi ofwäiche vun deenen aus der Direktiv? Konkret Beispill: „instrument dérivé“ an „dé-pôts garantis“.

D'nächst Fro: Wat ass d'Inzidenz vun desen Ofwäichungen?

Dann, um Enn vun den Definitionen fënnt een e Passage, deen de Statsrot an ech och selwer net novollzéie kënnen. Ech liesen lech e vir: «Aux fins de l'application du point 9, il n'est pas tenu compte du règlement (...) et du rôle joué par la Banque centrale européenne dans le contexte du mécanisme de surveillance unique.»

Hei seet also de Statsrot éischters, datt e Renvoi op de Punkt 9 kee Sënn mécht, zweetens, datt d'Direktiv, déi mer hei transposéieren, keng esou eng Reserv virgesäit, an drëttens, datt en europäesch Règlement direkt applikabel ass, soudatt och des Formule iwwerflësseg ass. Firwat an deene Konditiounen beharrt de Finanzminister awer op all déi Dispositiounen?

Och stellt sech de Statsrot d'Fro, ob d'Direktiv richtig an eist nationaalt Recht transposéiert gouf. Kann de Minister mer bestätegen, datt dëst per Gesetz vum 23. Juli, wéi et aus verschiddenen Avisa schéngt erauszegoen, 2015 vollends geschitt ass?

Laut Artikel 3 vum Projet de loi ass de Minister vun der Finanzplaz zoustänneg, ech zitéieren: «pour exercer les fonctions dévolues aux ministères en vertu de la directive». Déi Ministère englobéiere sämtlech Ministère vun de Memberstaaten.

Wéi kann et sinn, Här President, datt mir, eise Minister, eis Regierung sech duerch desen Text Kompetenze fir aner Länner eraushëlt? Wann dat net d'Intentioun ass, wat ech mer jo dann net ka virstellen, misst een net den Text adaptéieren? Oder wéi stellt sech de Minister net nëmmen zu där Kritik, déi ech hei gemaach hunn, mä déi och a ganz villen aneren Avisa virkënn?

Wéi ginn d'Provisiounen - eng fundamental Fro, déi och den Här Fayot interesséiert -, déi d'Banken an d'Finanzinstituter am aktuellen AGDL-System hannerluecht hunn, steierlech behandelt? Bleift et do nach wie vor bei enger klorer Déductibilité? Sinn déi also steierlech déductibel?

Wéi gesäit et an deem Kontext mat der steierlecher Behandlung vun de Borgeldcontributions an deen FGDL an an de Fonds de résolution aus?

Ass et net apaart virzegesinn, datt en Organ innerhalb vun der CSSF, dat hierarchesch jo net iwwert der Direktioun vun dem Établissement public stoe kann, d'Ofwécklung vu Banken erbaäfeiere kann, déi vun der Direktioun vun der CSSF selwer agréiert goufen? Wier do net eng aner Konstellatioun méi sënnvoll gewiescht, och wann ee gesäit, wat fir eng Pouvoiren a Kompetenzen des Autoritéit kritt?

Ech muss lech iwwerhaupt soen, fir mech ass et komplett net novollzéibar, wéi een an engem Établissement public wéi d'CSSF en zweeten Établissement public kann drasetze wéi de Fonds de résolution! Ech weess net, wéi dat an Zukunft soll fonctionnéieren. Ech hat mam Här Meyers driwwer geschwat. Hie ka sech dat och net virstellen. Ech wär frou, wann herno de Finanzminister eis emol géif erklären, wéi en dat sech virstellt.

Dann, de Conseil de résolution, do sinn ech derbäi, kann Décisiounen huelen, fir en Administrateur spécial un d'Spëtz vun engem Finanzinstitut ze setzen. Am Artikel 36 steet, datt en Administrateur spécial keen Administrateur de fait ass. Meng Fro: Wat ass d'Plus-value vun deem Zousaz? Huet desen Text eng Répercussion op d'Responsabilitéit vun deem Administrateur? Wa jo, wat fir eng?

Den Artikel 41 gesäit d'Institution vun engem Établissement relais vir. Dës juristesche Entitéit kann op Décisioun vum Conseil de résolution Aktien an ännlech Instrumenter, voire d'Aktiva, Rechter an Engagementer vun enger Bank, déi ofgewéckelt gëtt, halen. De Conseil de résolution kritt nach aner wäitreechend Kompetenzen a Pouvoiren.

Meng Fro, Här Minister: Huet de Conseil de résolution hei e Pouvoir discrétionnaire, fir virzegoen? Wat sinn déi genau Kompetenzen a Pouvoiren vum Conseil an deem Kontext, wëssend, datt d'Aktionären oder Drëttpersonen vun der betraffener Bank kee Matsproocherecht hunn?

Dann, d'Artikelen 67, 68 an 69 gesi vir, datt, ech liese vir: «Les dispositions du présent article s'appliquent quelle que soit la loi applicable au contrat. Elles s'appliquent aux contrats en cours.» Deelt de Minister hei d'Aschätzung vum Statsrot? An ech liese vir, well et ass kee Wuert dorjwwer am Rapport ze liesen: «Le Conseil d'État s'interroge encore sur la portée de cette disposition, alors que le commentaire se borne à paraphraser la loi. Que les mesures à prendre par le Conseil de résolution ne peuvent pas s'appliquer à des contrats déjà exécutés relève de l'évidence. La référence à la loi applicable au contrat est encore inutile, alors que le problème ne relève pas du droit international privé, mais des lois de police de nature territoriale. Le Conseil d'État comprend que cette disposition est destinée à souligner le caractère de loi de police de la disposition sous examen, y compris en relation avec un contrat régi par une loi étrangère. Il faut toutefois savoir que la disposition sous examen n'aura un tel effet que si le litige se déroule devant le juge luxembourgeois.»

Den Artikel 105 kreéiert de Fonds de résolution, FRL, dee soll geleet gi vun engem Comité de direction. An deem Gremium soll e Riichter matwierken. Wéi schätzt hei de Finanzminister de Risiko a vun enger méiglecher Interferenz an d'Séparation des pouvoirs, notamment wat d'Resolutionensprozeduren an eventuell gerichtlich Prozeduren duerno ugeet? Wat ass déi onprezis an net chiffriert Ausso juristesche wäert, datt de Fong iwwerhaupt iwwer adequat Mëttele verfüügt? Dat ass den Artikel 105.

Da stellt de Statsrot eng Fro, déi ech och hei wëll iwwerhuelen, wéi et ka sinn, datt en Organ vun der CSSF enger aner Institution de droit public, nämlech dem FRL, dee vun engem Comité de direction geleet gëtt, ka virschreiben, wat deen ze maachen huet? Kann de Minister eis erklären, firwat all déi Zäit, déi verstrach ass säit der Adoptioun vun Direktiven, net genotzt ginn ass, fir eng méi kohärent institutionell Solutioun auszuschaffen?

Et stelle sech ganz vill Froen am Zesummenhang mat der Berechnung vun de Contributions an den FRL an den Exemptionen, ech hunn et virdrun ugeschwat, déi virgesi sinn. Hei wär ech och frou, wann de Minister eis déi eng oder aner konkret Erklärung kéint dozou ginn.

Dann, den Artikel 118 behandelt d'Rekursrecht am Kontext vun enger Ofwécklung, wéi et am éischten Deel vum Projet de loi virgesinn ass. Och hei meng Fro un de Minister: Wéi kann een déi Présomptioun, déi do virgesinn ass, wéi kann een déi renverséieren?

Dann: Fënnt den Här Minister et opportun, datt de Generaldirekter vun der ABBL e voll-

wäertege Member vum FGDL, awer deen eenzege Member aus dem Privatsektor ass? Hätt een do net och misse op aner Memberen aus dem Privatsektor zrëckgräifen?

An deem Zesummenhang, genau wéi beim FRL, stelle sech och Froen am Zesummenhang mat der Präsenz vun engem Magistrat an deem dote Gremium. Ass et noutwendeg, fir am Artikel 159 de Secret professionnel vum CPDI a vum FGDL ze verankeren, wëssend, datt de Secret professionnel de droit commun unzewenden ass? An ob d'Direktiv keng speziell Aféierung vun deem Secret verlaangt.

Op wat fir e Montant sinn déi Dépôte gedeckt? Do ass nach eng ganz wichteg Fro, nämlech ob déi Garantie vun deenen Dépôten och Dépôte vun de Privatclieneten an de Sammelkonten vun Investitiounsenterprise bei Dépôt-Banken zu Lëtzebuerg beinhalten. Do ass am Moment ganz vill Panik bei de Leit, well se net wëssen, ob dat do mat dran ass. Also d'Fro: Fallen déi do mat drënner? An, op wat fir e Montant sinn déi Dépôte gedeckt?

Wéi gëtt d'Bäibehale vun der Trennung tëschent engersäits de Particulieren, de klengen a mëttleren Entreprises, an anersäits groussen Entreprises am Artikel 152 gerechtfertegt?

Dann, gesäit d'Gesetz eng Kreatioun vun engem Système d'indemnisation des investisseurs vir? Wéi verhält sech dee System mat dem existéierende System?

An, haut musse jo scho Bankenhäuser an Investmentfirmen un esou engem System deelhuele. Wat geschitt mat deene Systemer, déi herno iwwerholl ginn? Hätt dat net misse am Text detailléiert ginn, wëssend, datt de Schutzmontant vun den Dépôte vun 2,5 Milliounen Euro ee Multiple vun de garantierten Zommen an anere Memberstaaten ass? Ass net d'Meenung vläicht hei vum Minister, datt Lëtzebuerg riskéiert, heifir kritiséiert ze ginn, well et oniwierluechte Comportementer bei den Déposanten kéint provoziéieren?

Eng Fro iwwert d'Charge vun der Preuve d'identification vun de Bénéficiaire vun de Sammelkonten. Wien huet hei d'Charge vun der Preuve? Wéi ass et mat der Basis vun der Definition vun Compte inactif? Do steet net ganz vill, fir net ze soe guer näischt. Mengt den Här Minister net, datt e Spezialgesetz iwwert de Schutz vun den Déposanten déi richtig Plaz wär, fir esou eng Notioun ze definéieren?

Fir d'Artikelen 179 an 182, firwat optéiert hei de Minister fir den duebele Finanzierungsniveau vum Niveau cible minimum, dee vun der DGSD verlaangt gëtt, gradesou wéi och fir eng méi kuerz Période de collecte?

An dann och am Allgemeinen: Seet de Minister, oder seet och de Rapport, datt et eng gutt juristesche Praxis ass, fir sech an engem Projet de loi op europäesch Normen, déi transposéiert musse ginn, ze referéieren, amplaz op eng national Dispositioun?

Ech muss lech soen, Här President, datt ech domadder meng Problemer hunn. Dofir wollt ech nach eng Kéier froen, ob dat wierklech d'Meenung vum Minister wär.

Fir ze verhënnern, datt Lëtzebuerg sech an enger onverhältnismäisseger Manéier un engem eventuellen eenheetleche Garantiefong fir zukünfteg Dépôte bedeelegt, wier et do net opportun, fir an de Projet de loi eng Revisionsklausel anzefügen, déi de Remboursement un d'Banke vun hire Contributions an deen zweete Compartiment vum FGDL virgesäit?

Dann, wëssend, datt de Gouverneur vun der BCL e Stëmrecht am Conseil de résolution huet, de seng Décisiounen kollegial hält, an anere Wieder se matdréit, dat kéint d'Onabhängegkeet vun der Banque centrale a Fro stellen. Dofir freet par ailleurs an hirem Avis d'Europäesch Zentralbank, datt d'Gesetz soll ofgeännert ginn, fir dat ze garantéieren.

Wat seet de Minister eis? Gëtt dat an engem nächste Projet de loi gemaach, well et jo hei manifestement net dran ass? Besteet net de Risiko, datt de Gouverneur vun der BCL, dee jo och am Conseil vum Conseil de résolution sëtzt, wichteg Informatiounen dem Conseil de résolution muss virethalen, well en u Confidentialitéitsregele gebonnen ass?

Och wërft den Avis vun der BCE d'Fro no der finanzieller Capacitéit vun der BCL an dem Kontext vun hire Missiounen no deem Projet de loi op. An dat schéngt, dee schéngt ginn ze sinn. Mä eng Fro, déi mir awer elo scho méi oft hei opgeworf hunn, och aner Kolleegen, ass déi, déi och indirekt heimadder ze dinn huet, déi vun der Rekapitalisation vun der Zentralbank.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gros vun deene Froen, wou ech frou wär, wann herno de Finanzminister eis kéint do mat enger Äntwert kommen.





Ech kommen dann och zum Schluss, andeem ech awer nach eng Kéier wëll hei ënnersträichen, datt mir och um Fong, onofhängeg elo vun der Form a vun deene ganz, ganz ville Froen, déi ech hei opgeworf hunn, dee Projet net kënne stëmmen, aus zwee fundamentale Grënn.

Deen éischte Grond ass deem, an ech mengen, Dir hutt och alleguerten d’Kritické vum Secteur gelies, nämlech deem, datt mer hei elo dohinnerginn a mir maachen eng Interpretatioun vun enger Direktiv, déi mer net méi a minima interpretéieren, mä a maxima. An hei geet et ëm de Pourcentage, deem an Zukunft d’Banke mussen an dee Fong eraginn. Dee gëtt elo vun 0,8 op 1,6% gehuewen.

An do, Här Minister, ech hu mer nach eng Kéier d’Méi gemaach gehat, dat nozekucken! Esou eng Garantie gëtt et a kengem eenzegem aneren EU-Land. A kengem eenzegem aneren EU-Land! Just hei zu Lëtzebuerg gi mir dohin-ner a mir imposéieren de Banken eng duebel Couverture par rapport zu deem, wéi et am Ausland ass.

Elo weess ech, an ech héieren lech ëmmer, Här Minister, an ech sinn eigentlech do och op Ärer Säit, wann Der vun engem „level playing field“ ëmmer schwätzt. Mä wéi ass et dann hei mam „level playing field“, wann eis Banken oder déi Banken, déi elo hei op der lëtzebuergescher Plaz sinn, an Zukunft mussen déi duebel Couverture vun hiren auslännesche Kolleeginnen déposéieren? Ech muss lech soen, dat mécht kee Sënn!

Mir hu viru 14 Deeg hei eng Debatt gefouert iwwert d’Zukunft vun der Finanzplaz, wou Dir mat mir averstane waart - Dir hutt souguer eng Motioun ugeholl: Mir sollen drop setzen, datt mer an Zukunft méi Headquarteren och vu grouse Banken a Finanzetablissementer op Lëtzebuerg solle kréien. Wéi soll dat da goen, wa mir esou vill méi défavorabel sinn, wéi all déi aner Länner? Fir mech ass dat total onverständlech. An Dir hutt, wéi ech och, haut am „Lëtzebuenger Wort“ gelies, dat d’ABBL iwwerhaapt net amused ass iwwert déi doten Dispositioun. Déi fäert, datt dat ganz grouss Risqué fir eis Finanzplaz an deenen nächste Jore wäert bedeiten. An och dofir, soen ech lech, kënne mir mat deem doten Text net averstane sinn.

Dann e leschte Grond, Här President, an da sinn ech bal fäerdeg, dat ass awer déi ganz Prozedur do. Bis elo war et ëmmer esou, Här President, an den Här Finanzminister geet jo gär eraus an ënnersträicht dat ëmmer erëm, datt mir iwwerall sollen den „first mover“ sinn, den „first mover“ op alle wichtegen internationalen Direktiven. Mir sollen ëmmer déi Éischt sinn, déi de Move hei maachen. An den Här Finanzminister beriff sech jo op de Kopernikus. En huet schonn e puermol déi kopernikanesch Revolutioun ausgeruff, ouni awer kloer ze soen, a wat déi kopernikanesch Revolutioun besteet.

Ech géif just gär hei wëssen, Här President, Här Finanzminister, firwat datt mir grad op deem wesentleche Projet fir eis Finanzplaz - et ass vläicht deem allerwichtigsten, deem dëst Haus an deene leschte Méint a Jore gestëmmt huet -, grad op deem sensibele Projet déi Allerlescht an Europa wäerte sinn, déi dësse Projet stëmmen!

Dir sidd also net den „first move“, mä Dir sidd den „last move“. An och dofir kënne mir dësse Projet net stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- War dat d’Attack op d’Grousskapital, Här Spautz?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, dat kënnt bei deem Nächsten.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ah, dat ass deem Nächsten.

(*Brouhaha général*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Mosar. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Franz Fayot.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Elo kommen nach 50 Volt derbäi.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Här Minister, trotz aller Kritik vusäite vun der CSV ass et, mengen ech, wichteg, dass mer haut dësse Projet hei stëmmen.

Ech soen dat aus perséinlecher Experienz. Ech hu während der Finanzkris vun Oktober 2008 bis Juli 2009 mech beschäftegt als Administrateur judiciaire mat enger vun deenen islännesche Banken, déi deemools a Faillite gefall ass, an ech konnt deemools constatéieren, dat war e spannenden Dossier, juristesche haaptsächlech spannend, bei deem mer dunn no néng Méint, fir d’éischte Kéier d’ailleurs zu Lëtzebuerg, eng Restrukturierung vun enger Bank aus enger Insolvenz eraus gemaach hunn, wou mer Verschiddener vun deenen Instrumenter,

déi mer haut mat deem Projet de loi wäerte méiglecherweis am Gesetz stëmmen, applizéiert hunn.

Mir hunn deemools den „bail-in“ gemaach, dat heescht, mir hunn de Créancier hir Créance, hir Dette reduzéiert, fir d’Kapital erëm hierzustellen. Mir hunn och eng Séparation d’avoirs gemaach, eng „good bank, bad bank“, wat och eng Première war zu Lëtzebuerg.

Mä mir hunn zwou Lektione gezunn aus deenen Dossier, an déi zwou Lektione sinn och zentral an deem Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren.

Déi éischt Lektion war, dass mer eng ganz grouss juristesche Onsécherheet hate bei där Gestiou vun deene Krise vun 2008/2009. Mir hunn deemools misse viru Geriicht goen, mir hu missen zwou Instanzen duerchmaachen, an et ass eréischt duerch en Arrêt vum 28. Januar 2009, wou mer de Kader kruten, fir iwwerhaapt eng Restrukturierung ze maache vun där Bank, well mer en principe e Problem hate mam Principe d’égalité des créanciers, well mer gesot kruten en première instance: „Dir kënnt keng Créancier „bail-innen“ Dir kënnt keng „haircut“ maachen an esou enger Prozedur. Dat geet géint d’Égalité des créanciers.“

Mä kuckt, mir haten och e Problem, eng Diskussioun iwwert d’Natur vum Sursis de paiement, dee mer an eisem Gesetz vun 1993 stoen haten. An all déi Schwierigkeeten, déi mer hate mat där Prozedur, weisen, dass et batternéideg ass, fir en neie Kader fir d’Resolutioun vun de Banken och bei eis ze kréien.

Wat ass dat, wat gemaach ginn ass? Iwwerall an der Welt d’Konklusioun vum G20, Financial Stability Board, déi jo wäitgehend an där Direktiv BRRD ëmgesat ginn, dass déi elo haut bei eis an d’Gesetz ëmgesat ginn, dat ass och wichteg, extrem wichteg fir eng Finanzplaz, och fir d’Kreditabilitéit a fir d’Reputatioun vun enger Finanzplaz wéi déi lëtzebuergesch.

Déi zweet grouss Lektion aus deenen Dossier, deenen Dossiere vun 2008/2009 iwwerhaapt, net nëmme bei deenen islännesche Banken, haaptsächlech dem Dossier Kaupthing, mä och aner: Déi Bankerettunge waren nëmme méiglech mam Asaz vu Steiergelder. Dat war esou bei der Restrukturierung vun der Kaupthing-Bank, wou ongeféier 300 Milliounen gefloss si vun der Belscher an der Lëtzebuenger Regierung, fir u sech d’Déposanten erauszekafen an déi Restrukturierung méiglech ze maachen. Mä dat war och esou bei der Rettung vu Fortis, dat war esou bei der Rettung vun Dexia.

Mir hu jo nach gëschter am Kader vum Budget driwwer geschwat, dass dat och bei eis e Lach an eis Statsfinanze gemaach huet, obwuel jo op Verschiddene vun deenen Dossieren et sech gewisen huet, dass dat keen esou e schlechten Investissement war. Mä et war bei eis wéi iwwerall an Europa e massiven Asaz vu Steiergelder, fir Banken ze retten, fir ze évitéieren, dass eise Bankesystem, eise Finanzsystem géif zesummeklappen an eben och mat deenen Incidenzen, déi dat hätt fir déi reell Ekonomie.

Dat ass de Grond vun der Direktiv Résolution et restructuration bancaires, fir dee Cercle vicieux tëschent Steiergelder a Banken ze brieche, fir dass et vun elo un net méi ka sinn, dass, wa Banke faillite ginn, wa Banke musse liquidéiert oder restrukturéiert ginn, dat mat öffentleche Gelder geschitt. Dat ass eng gutt an eng wichteg Reform, déi mir als LSAP och ganz kloer begreissen.

Et ass also domat Schluss, obwuel mer wäerte gesinn, wa mer de Fonds de résolution unique diskutéieren, dass et ëmmer nach e sougenannten „fiscal backstop“ gëtt, dat heescht, e méigleche Recours op öffentlech Finanzéierung, op d’mannst während där Période transitoire vun aacht Joer, bis dee Fong komplett finanzéiert ass. Mä am Prinzip dierft et vun elo u keen Asaz gi méi vu Steiergelder, fir eng Bank ze retten.

Här President, déi Direktiv, an ech wëll elo net an deeselwechten Detail goen, wéi de Laurent Mosar dat gemaach huet. Et wär zwar interessant gewiescht, ech hu probéiert, mer Notten ze huelen, Här Mosar, mä Är 45 Froe konnt ech mer leider net alleguerten opschreiwen. Si waren och net u mech adresséiert, ech si jo net Finanzminister, mä si waren awer interessant zum Deel.

Dir hutt recht, et wier och interessant gewiescht, se ze diskutéieren. Bon. Ech mengen, dat ass méi eng breet Diskussioun, wéi mer musse mat deene Projeten ëmgoen, och vläicht schonn en amont, ier d’Direktive kommen, ob mer net schonn éischter an dëser Chamber eis musse befaasse mat Kommunikatiounen, mat Wäissbicher, mat Pläng vun Initiativen, europäeschen Initiativen, haaptsächlech wa se esou wichteg si fir eist Land wéi alles, wat mat der Union bancaire zesummenhängt, an alles, wat

mat der Surveillance vum Finanzsektor zesummenhängt. Dat ass eng Diskussioun, déi mer och effektiv eng Kéier sollten, mengen ech, féieren an der aussepolitesser Kommissioun, mä och an der Finanzkommissioun.

Déi Direktiv, déi mer haut ëmsetzen, an de Rapporteur huet dat de Moie jo kuerz gesot, fonctionnéiert u sech, ass an zwee Deeler strukturéiert. Et ass een Deel, deem u sech all déi Banke behandelt, déi sougenannt „gone concern“ sinn, dat heescht, déi, déi net méi normal fonctionnéieren. Do ass ee Volet Résolution, déi éischt Partie am Gesetz, ee Volet Garantie des dépôts an eben och ee Volet, deem deem ale Kader fir den Assainissement an d’Liquidatioun vun de Banken iwwerhëlt, den ale Sursis de paiement an d’Liquidation judiciaire vun de Banken.

Zu där Partie, mengen ech, kann ee soen - an nach eng Kéier, do schwätzen ech aus Erfahrung, well ech dee Kader praktikéiert hunn am Kader vun där Administration judiciaire -, deem Deel vum Gesetz fonctionnéiert net gutt. Dat ass vereelt, dat kënnt aus den 80er Joren, aus deem ale Bankegesetz.

An ech mengen, et misst een och eng Kéier seriö driwwer nodenken, fir eise Kader fir de Sursis an d’Liquidation des banques op de Leescht ze huelen, fir dat ze moderniséieren. Well et ass net ausgeschloss, dass déi Dispositiounen och nach eng Kéier ze spille kommen, well mir wëssen, dass all déi Banken, déi net ënnert de Kader vun der Direktiv falen, dat heescht, déi u sech net systemesch sinn, ëmmer nach kënne liquidéiert ginn oder ënner e Sursis bancaire falen. An an deem Fall, mengen ech, wär et och gutt, wann ee sech géif där Legislatioun eng Kéier unhuelen à tête reposée an dat iwwerschaffen.

Et gëtt also dräi Phasen an der Direktiv. Déi éischt, just ganz kuerz, déi éischt ass eng Phase de préparation et de prévention. Do fällt alles drënner, wat déi sougenannten „living wills“ ass. Dir wësst, dass vun elo un d’Banke mussen u sech eng Aart Testament maachen, fir, wa se géifen an eng Schwierigkeet kommen, u sech déi Autorité de résolution kann direkt déi Pläng méi llicht ëmsetzen.

Dann ass eng zweet Phas vun Intervention précoce. Wann éischt Problemer optauchen, déi fale bei eis nach ëmmer ënnert de generelle Kader vum Gesetz vun 1993, u sech ënnert de Kader vun der Surveillance prudentielle. An dann eben déi Instruments à pouvoir de résolution, déi dat eigentlecht Häerzstéck si vun där Direktiv.

Eng Resolution kann da gemaach ginn, wann et e Grond gëtt, deem am Gesetz d’intérêt public, als Intérêt public définéiert gëtt. Dat heescht, wann eent oder méi vun den Objektiv, déi elo am Artikel 32 opgeléscht sinn, virleien. Dat geet vun der Protektioun vu Clienten, Protektioun vun der Stabilitéit vum System bis zu enger Partie anere Considérations, mä ech mengen, et kann een dat resüméieren ënnert dem Term, fir ze soen, dass dat alles ass, wat systemesch ass. Dat heescht, déi Banken, déi eng systemesch Relevanz hu fir Lëtzebuerg, falen dann dodrënner.

Da kënnt effektiv déi Autorité de résolution an d’Spill. An do, dat ass eng vun de Froen, déi de Laurent Mosar opgeworf hat iwwer effektiv dee Setup, ob dat justifiéiert ass, dass een u sech an der CSSF eng separat Autorité de résolution huet mat enger separater Direktioun, déi net an der Direktioun vun der CSSF ass.

Do wollt ech lech just soen, Här Mosar, dass et dat och an anere Länner gëtt. Et gëtt dat a Portugal, et gëtt dat a Frankräich, an der Belsch, och - mengen ech - an Däitschland, wou u sech entweder an der Zentralbank oder an der Autorité de résolution eng separat Entitéit ass oder e separaten Departement fir d’Resolutioun vun de Banken. Dat heescht, mir sinn net déi Eenzeg, déi dat maachen. Dat gëtt et och op anere Plazen.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Däerf ech dem Här Fayot eng Fro stellen?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, wann den Här Fayot näischt dergéint huet.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Natierlech!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci fir dem Här Fayot seng Suggestioun. Ech mengen, den Här Fayot an ech, mir maachen eis eigentlech hei déiselwecht Gedanken ëm déiselwecht Thematik. Ech weess och, datt dat am Ausland fonctionnéiert. Ech wollt allerdéngs dem Här Fayot soen, an ech mengen, dat weess en och, hei si mer e bëssen an deem spezielle Fall.

An dofir wollt ech him och déi Fro stellen: Mir hunn eng CSSF, déi als Etablissement public fonctionnéiert, a mir maachen elo an déi CSSF en zweeten Etablissement public, dee Fonds,

dee Conseil de résolution. Dat heescht, an een Etablissement public setze mer en zweeten eran, mat enger ganzer Rei vun Oplagen.

Ech wollt einfach den Här Fayot froen: Well mer jo nach ëmmer kee Gesetz hunn iwwert d’Etablissement-publicken, ass et jo esou, datt de Statsrot ëmmer erëm seet, wann en Etablissement public gemaach gëtt, da muss kloer preziséiert sinn, wéi de Fonctionnement, d’Missionne vun deem Fong sinn. An hei schéngt mer e grouse Problem ze bestoen. An ech wollt dofir froen, ob den Här Fayot net och do déiselwecht Bedenken huet, wéi par ailleurs de Statsrot, wéi d’Chambre de Commerce, dass mer hei riskéieren, e Problem ze kréien.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Jo. Ech hunn elo den Text net ënnert den Aen, mä ech si mer net sécher, dass et eng separat Entitéit an der CSSF gëtt. Et gëtt e separaten Departement mat engem Direkter, deem net Direkter ass...

(*Interruption par M. Laurent Mosar*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift, de wëssenschaftlechen Disput kënne mer herno weiderféieren. Den Här Fayot huet elo d’Wuert.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Oh, Här President, dat ass awer...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen!

(*Interruptions diverses*)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, hei geet et ëm juristesche Froen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Richteg!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat dierf een awer net als kleng Detailer ofstempelen!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Dierf een an der Chamber net iwwer Juristerei schwätzen?

(*Hilarité*)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Bon, gutt, den zweete Volet vum Projet de loi ass d’Garantie des dépôts. Do ass och scho gesot ginn, dass mer vun engem Financement ex post op e Financement ex ante ginn, dat heescht, wou d’Banken elo iwwer eng gewëssen Zäit dann, dans un premier temps, 0,8% vun den Dépôts garantis abezuele bis 2018 an dann duerno iwwer eng Zäit, déi nach vläicht kann étaléiert ginn, weider 0,8%. Dat gëtt effektiv kritiséiert vun der ABBL a vun anere Cerclen.

Et muss een awer soen, mengen ech, dass déi Considérations, fir eppes ze maache fir d’Stabilitéit a fir d’Reputatioun vun der Plaz, fir ebe sech ze soen, mir musse kënne mat eisem Fonds de garantie d’Déposantë vun enger mëttlerer Bank ausbezuelen, net vun der Hand ze weisen ass.

Mir kënnen eis nach all erënneren un déi Diskussiounen, déi stattfonnt hunn, wéi den zypriotesche Bankesektor zesummegefall ass a wou Diskussiounen waren iwwert d’Somme de bilan, déi an de Banke war, a Comparaisoun mam PIB vun Zypern, an ech mengen, eng ganz äänlech Diskussioun hu mer zu Lëtzebuerg. An ech mengen, do steet et eis gutt zu Gesiicht, wa mer méi eng zolidd Reserv hunn, och an der Garantie des dépôts, fir och do net ze vill exposéiert ze sinn, och an engem internationalen Kontext.

Här President, ech géif gär e puer Saache soen als Konklusioun. Ech mengen, wéi gesot, dass et, trotz allen interessanten Diskussiounen, déi een hätt kënne féieren zu deem Projet de loi, wichteg ass, dass mer deem elo adoptéieren. Et ass wichteg, well mer domadder och dee Fonds de résolution unique schafen, dee mer jo brauchen ab dem 1. Januar 2016.

Mä et ass awer och wichteg, fir der CSSF déi néideg Base légale ze ginn, fir hir Plan-de-résolutionen ze maachen, fir och kënnen déi Plan-de-redressementen do opzeschaffen, un deene se scho schaffen zu engem Deel ënnert der Direktiv CRD IV, wou se eng Base légale hunn. Mä fir eng Rei aner Finanzinstituter hu se nach keng Base légale. An dofir besteet eben effektiv déi Urgence. An ech mengen, dass dat heiten, trotz wahrscheinlech enger Partie Imperfectionen, e gudden an e wichtige Projet de loi ass, dee mer, mengen ech, elo sollten haut an hei stëmmen.

Ech soen natierlech och nach gären dem Rapporteur Merci an ech ginn dann domadder den Accord vu menger Fraktioun, vun der LSAP zu deemem Projet de loi. Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!





► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Fayot. Ech ginn dovun aus, dass den nächste Riedner den Här Roy Reding ass.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Dat geet jo schnell, Här President! Merci fir d'Wuert.

De Guy Arendt huet gesot, huet rappeléiert, a mat Recht, wéi wichteg d'Finanzplaz ass fir eisen Aarbechtsmaart a wéi wichteg datt se ass fir eis éffentlech Finanzen. A grad dowéinst si mir als ADR mat dësem Projet ganz, ganz onzefridden!

De Laurent Mosar huet ganz vill Froe gestallt. Hie war e bësse wéi den Duracell-Männchen, wann en nach gutt gelueden ass. Kolleeg Mosar, ech hu vill vun deene Froen net notéiert kritt. Et war einfach ze schnell. Ech wier frou, wa mir och kéinten déi Lëscht kréien, déi dem Här Minister virdru virgeluecht ginn ass, well och mir wëllen natierlech kontrolléieren, ob déi richteg Äntwerten op déi ganz pertinent Froen do kommen.

Fakt ass... Jo.

► **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Wësst Der, Här Reding, et ass de President. Ech si leider net hei deen, et ass um President ze décidéieren, datt déi Froen ausgedeelt ginn. Dat ass keng Décisioun vum Deputéierte selwer.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, ech wëll lech just soen, Här Mosar, Dir hat mir se ginn, fir dass ech se soll dem Finanzminister ginn.

► **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Ech hu guer kee Problem. Dir kënnt bien entendu jiddwerengem d'Froen ausdeelen. Kee Problem!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Im vorausseilenden Gehorsam hunn ech dem Finanzminister se ginn, mä wann Dir näischt do dergéint hutt, da kritt selbstverständlech jiddwereen an der Chamber déi Froen. Ganz, ganz gär!

► **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Dir kënnt se all ausdeelen.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Ma, dat ass wonnerbar. Ech freeë mech dorobber, déi Froe kënnen nozeliesen a virun allem ze kontrolléieren, ob de Minister och nëmmen, tant soit peu och nëmmen op en Deel vun deene Froe wäert äntwerten.

D'Miss-Recovery-and-Resolution-Direktiv hätt mischen ëmgesat ginn hei zu Lëtzebuerg bis den 31.12.2014. Mir sinn also weder „first“ nach „fast movers“, wéi hei gesot ginn ass, ganz am Contraire!

Den 28. Mee dëst Joer krute mir eng Sommatioun - net mir eleng, och nach zéng aner Länner -, krute mer eng Sommatioun vun Europa, well mer dat nach net ëmgesat haten. Mir kéinten elo soen: Mon Dieu, mir sinn oft e bësseleche spéit u mam Ëmsetze vun Direktiven, och oft mat ganz onsënnegen Direktiven! Mä an dësem spezifische Fall geet et ëm de Finanzsektor! Et geet ëm de wichtigste Sektour hei am Land, wat Aarbechtsplazen a wat éffentlech Gelder ugeet. An do fannen ech et perséinlech a meng Partei, d'ADR, absolutt inakzeptabel, datt mer esou spéit mat esou engem wichtige Text befaasst ginn, deen esou wichteg ass fir eis Finanzplaz.

Den 22. Oktober huet d'Europäesch Kommissioun eis ugesicht, mat fënnf anere Staten, well mer nach net ëmgesat haten. Et ass wouer, entre-temps krut den 19. Oktober, dat heescht, dräi Deeg virdrun, virun deem Usichen, d'Kommissioun dann dëse Projet hei presentéiert.

An de Finanzminister seet eis och, en hätt ganz, ganz laang mat der ABBL diskutéiert iwwert d'Ëmsetzung, virun allem wat d'Garantie des dépôts ugeet, well do ass de Knackpunkt, mä et wier ee sech eben net eens ginn.

Ech muss soen, hei an der Chamber hu mer jo normalerweis d'Gewunnecht, Saachen, déi fir d'Finanzplaz wichteg sinn, an Accord mat där Finanzplaz a ganz oft och an enger méi oder weineger grousser Unanimitéit hei an der Chamber duerchzesetzen. Mir hunn net d'Gewunnecht, hei Saache géint d'Finanzplaz a géint d'Interessevertriidung vun der Finanzplaz duerchzesetzen.

D'Chambre de Commerce - eise Finanzminister huet do eng Kéier implizéiert (veuillez lire: œuvréiert) - huet sech och étonnéiert gewisen, erstaunt, datt hei net eng Ëmsetzung gemaach gëtt vun der Direktiv, wéi mer u sech ofgemaach hunn, dat ëmmer ze maachen, näämlech a minima, mä doriwwer erauszegeen. Dat ass net anodin! Dat ass net iergendeng Klenggekeet! Hei schwätze mer vun eise wichtegste Wirtschaftszweig hei am Land. A

mir schwätze vu Méiausgaben an Honnerte vu Milliounen Héicht.

Den „Paperjam“, d'Zeitung vun der Finanzplaz, déi eise Premier esou gären huet, huet getitelt: «Potentiellement préjudiciable pour la Place?» Bon, si huet dankenswäerterweis nach e Fragezeichen hannendru gemaach. Ech géif een Ausrufezeichen hannendru maachen!

De Kolleeg Franz Fayot huet gesot, trotz e puer Imperfeciounen solle mer deen Text hei stëmmen. Neen, hei ass net eng Imperfecioun. Hei ass e wesentleche Punkt, wou mer iwwert d'Direktiv erausginn a wou mer eiser Finanzplaz eng onerträaglech Bürd operleeën! Ob mir 0,8 oder 1,6% vun den Dépôts froe vun de Banken, fir dee Fong ze speisen, ass net anodin! Dat ass terribel vill Geld!

A mir schwätzen hei an anere Kontexter vun engem Taux d'affichage, wat d'Steieren ugeet. Mir wëlle Leit unzéien. Mir maachen Nation Branding. An hei hu mer en Effet d'affichage contraire! Hei soe mer zu de Banken: „Ma wann dir iech bei eis hei zu Lëtzebuerg néierloosst, bezuelt dir duebel esou vill an an e Fong, fir d'Avoiren ze garantéieren.“

Jo, ech verstinn, och mir wëllen d'Konsumente schützen, selbstverständlech! Mä am Kontext vun enger internationaler Konkurrenz kënnen mer dach net eise Lëtzeburger Banke soen: „Ma dir bezuelt duebel esou vill an, wéi an anere Länner.“ An dat d'autant plus, an ech mengen, däers musse mer eis ëmmer bewosst sinn a bewosst bleiwen, datt d'Décisiounen, ob eng Bank iwwerhaupt op Lëtzebuerg kënnt an hei eng Filial opmécht, net zu Lëtzebuerg leien! Déi Décisiounen, an dat weess de Minister besser wéi ech selwer, gi geholl zu Peking, Rio, Tokio, ech weess net wou, Paräis, Berlin, net hei am Land.

An déi Mammenhaiser, ma do gëtt déi Fro dach opgeworf: „Firwat gi mir nach op Lëtzebuerg Dépôts sichen, wa mer do duebel esou vill müssen abezuelen, fir déi Dépôts ze garantéieren?“ Et gëtt jo do dann awer net méi onbedéngt déi Ursach. Da muss een de Lien maachen, an och dat ass ganz wichteg, mat deem Gesetzesprojet, deen duerno kënnt, iwwert d'Mutualisatioun vun deenen Dépôts. Mä ech kommen nach dorobber zréck.

D'Chambre de Commerce huet dat opgeworf. Mä net si eleng! Och de Conseil d'Etat huet dat opgeworf! E sot zwar, e géif sech dann absteiniéieren, fir Imprécisiounen ze rektifizéieren, mä e géif awer relevéieren, „il invite les auteurs à examiner les recommandations formulées par la Chambre de Commerce“, well mer do mat deem „«coussin supplémentaire» bien au-delà du niveau cible imposé par la directive“ géife goen.

Also, wann d'ABBL mer seet: „Kommt, mir maachen dat net!“ an d'Chambre de Commerce seet mer: „Kommt, mir maachen dat net!“ an de Conseil d'Etat seet mer: „Ass dat wierkelech eng gutt Iddi?“, ma da géif ech mer dach d'Fro stellen: Ass dat wierkelech eng gutt Iddi? Wëllen hei wierkelech 32 Deputéierten, just well se hei d'Majoritéit duerstellen, eppes duerchbaatschen, wat fir eis Finanzplaz schlecht ass? Et ass schlecht. Et ass préjudiciable. Et ass fir d'Zukunft net gutt!

Hätte mer dat do net kënne sereinement diskutéieren?! Mir haten esou vill Zäit, fir dat doten ze maachen, anstatt datt mer hei an engem Débat public müssen dorobber zréckkommen. Dat doten ass wierkelech fir eis Finanzplaz en extrem préjudiciablen Text!

An da komme mer zréck op den Text, deen dann duerno kënnt, wou de Kolleeg Guy Arendt da säi leschte Rapport hei an der Chamber mécht, iwwert déi Mutualisatioun. An do ass ganz kloer, datt den «Fonds de résolution luxembourgeois est chargé de transférer les contributions», dat heescht, e kritt se zwar, mä e gëtt se virun, «au Fonds de résolution unique», dat heescht, den europäesche Fong, «en conformité avec l'accord concernant le transfert et la mutualisation des contributions au Fonds de résolution unique, signé à Bruxelles le 21 mai 2014».

Dat heescht: Wann Dir elo, d'Majoritéit heibanen, deen heiten Text stëmmt, heescht dat ipso facto, datt mer zweemol méi an dee Fonds de résolution unique abezuele wéi dat, wat mer missten, well mer d'Direktiv zweemol iwwererfëllen. Firwat bleiwen déi Suen net an engem nationalen Instrument? Wann ee se da schonn aféiert, wann ee scho seet: „Ma mir als Plaz wëlle besser si wéi aner Plazen, par rapport zum Konsument, ma mir verduebelen déi Contributioun“, dann hätt ee mindestens misse sécherstellen, datt déi Contributioun hei am Land bleift an net an en europäesche mutuelle Fong geet, dee muer ka gebraucht gi fir aner Ursachen.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Et war ganz einfach net néideg, dat do! An ech maache wier-

lech en Appell, datt mer deen doten Artikel eraushuelen aus dësem Text, datt mer d'Direktiv erfëllen, mä net iwwererfëllen. Iwwerleet lech, wat Der hei maacht! Dir stellt eis Finanzplaz wierkelech hei virun e ganz, ganz grave Problem, fir eng Ursach, déi et finalement net gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Reding. An d'Wuert huet den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech deelen natierlech guer net d'Aschätzung vum Vertrieeder vun der ABBL - vun der ADR, pardon!

(*Hilarité*)

Entschëllegt. Ech weess net,...

(*Hilarité et interruption*)

Ech weess net, ob et e Lapsus war, mä normalerweis a Finanzfroen sinn déi Lénk an d'Majoritéit oder d'Regierung sech net esou richteg eens. Mir hunn och an der Kommissioun iwwert dee Gesetzesprojet natierlech gestriden, haaptsächlech iwwert d'Form. An de Problem ass wierkelech dee gewiescht, datt een net seriö konnt déi Avisa liesen an iwwerhaupt sech konnt mat deem Text auserneesetzen. An nach manner eng politesch Sensibilitéit vun zwee Deputéierten, ech kann lech soen, dat ass da quasi onméiglech.

D'Essenz awer vun deem Gesetzesprojet, déi kënne mir matdroen, am Prinzip, quitte datt mer eis keng Illusiounen maachen, datt déi nächste Kéier, wou et klaakt, da klaakt et souwiso an da wäert et net duergoen. Mä mir sinn trotzdem der Meinung a mir begrësse souguer, datt Lëtzebuerg dës Kéier e bësse méi wäit geet an deem Fall wéi néideg, well mer vläicht e bëssen aus der Vergaangenheet geléiert hunn. Net genuch, an ech kommen nach dorobber zréck, op en anere Punkt.

Mir hunn also laang iwwerluecht, wéi mer eis misste verhalen. Mir si jo dovun ausgegangen, datt souwiso déi véier Gesetzesprojeten, dorunner deen doten, net haut zur Ofstëmmung géife leien. Dat wollt d'Majoritéit vun dëser Chamber net esou gesinn. Schlussendlech musse mer ofstëmmen. Et ass ni evident. Mir wäerte schlussendlech, zemoos nodeems mer d'Vertrieeder vun der Bankeplaz héieren hu jéimere, denke mer eis, datt et vläicht guer net esou schlecht ass, an da wäerte mer derfir stëmmen.

Ech soen lech Merci.

(*Interruptions*)

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An den Här Finanzminister huet d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn haut effektiv hei virun engem wichtige Gesetz, wat mer müssen an den Délaen ëmsetzen, dat faméist BRRD-Gesetz iwwert d'Établissement-de-créditen, fir hir Resolutioun oder hir Liquidatioun ze regelen. An an engems hu mer en zweete Projet fir d'Garantie des dépôts hei zu Lëtzebuerg. Dat Ganzt, fir déi Direktiven an d'Lëtzeburger Recht ëmzesetzen.

Mir hunn dat gemaach, andeem mer eng generell Approche geholl hunn, fir alles, wat mat „gone concern“ ze dinn huet, dat heescht, mat der Surveillance, mam Passé, alles an een Text ze setzen, a mir transposéieren dofir all déi Aspekter wéi Venten, Filiales, d'Kreatioun vun „bad bank“, alleguerten d'Mesure-judiciairen, d'Sursis de paiement, d'Liquidation volontaire, d'Liquidation judiciaire, alleguerten am Sënn vun Europa ëm.

D'Mesure vu Protection des déposants hu mer misse ganz iwwerschaffen, well mer zu Lëtzebuerg jo kee System haten, dee scho funktionéiert huet, wéi dat an Europa elo recommandéiert gëtt. Mir haten e Système ex post..., neen, e Système ex ante, pardon, an net e Système ex post. (Veuillez lire: Mir haten e Système ex post an net e Système ex ante.)

D'Gesetz vum 5. Abrëll 1993, wat de Sektour financier hei elo regelt, wäert dann och den „going concern“ (veuillez lire: „gone concern“) global couvréieren, fir den Accès an den Exercice vun der Activité d'établissement de crédits et d'autres professionnels du secteur financier ze couvréieren.

Zum Volet BRRD wëll ech soen, dass mer alleguerte vill géleiert hu vun der Kris vum 2008, d'Weltwirtschafts- a Finanzkris, déi eis bewisen huet, dass et mat enger gewëssener Autoregu-

latioun vun de Banken net duergeet. An trotzdem, dass mer hei elo d'Bankenuniongesetzgebung ëmsetzen, wësse mer, dass de Risque, fir dass iwwerhaupt keng Faillite méi ka kommen, net null ka sinn.

Den Haaptbut vun der BRRD ass, fir virzege-sinn, dass, wann d'Banken a Schwieeregkeete kommen, dann net méi muss de Steuerzueler zur Keess gebiede ginn. A mir hunn zu Lëtzebuerg dat an der Finanzkris jo vu ganz Noem matgemaach, well jo de Sauvetage vun der BGL Fortis de Lëtzeburger Stat 2,5 Milliarden Euro kascht huet. Dat war effektiv wahrscheinlech e gudden Investissement. Mä mat deene Regele vun der Bankenunion, déi mer elo hei amgaange sinn ze diskutéieren an déi mer müssen ëmsetzen, wär déi Rettung, wéi se deemools gemaach ginn ass, net méi méiglech gewiescht! Wat heescht, dass ee muss ganz gutt oppassen, wéi een dee Gesetzestext hei liest.

De But ass ze évitéieren, dass de Contribuable muss bezuelen. Dat heescht, et muss een derfir suergen, dass en „bail-in“ gemaach gëtt, dass also d'Aktionären an d'Investisseure fir d'Éischt zur Keess gebiede ginn, an dann eréischt an enger Cascade, esou wéi dat genannt gëtt, de Fonds de résolution, dee gespeist gëtt mat Contributiounen vun de Banken.

Contributiounen vun de Banken, déi national sinn. An dee Fong gëtt iwwert d'Zäit, iwwer aacht Joer mutualiséiert. Dat heescht, dass de Risque lues a lues op europäeschem Niveau geholl gëtt. Anescht ausgedréckt: Mir kréien hei e Präbbeli, en europäesche Präbbeli vu 55 Milliarden Euro - ech mengen, déi Ziffer ass hei nach net genannt ginn -, deen dann do ass, fir alleguerten d'Banken an Europa ze schützen.

Fir dat ze maachen zu Lëtzebuerg, hu mer geduecht, dass d'CSSF am beschte placéiert wär, fir déi Missioun do ze erfëllen. D'CSSF soll och derfir suergen, dass d'Banke selwer Pläng opsetzen, wat se da géife maachen an enger Situatioun, wou Schwieeregkeete sinn, fir aus der Schwieeregkeet erauszekommen, e Plan de redressement ze maachen.

Mir hunn och missen an der CSSF dann e speziell Organ, e Conseil de résolution schafen, deen eng separat Existenz huet vun der CSSF selwer. An de Conseil de résolution, dee kritt net de Statut d'établissement public. Et ass de Fonds de résolution, deen e Statut d'établissement public kritt.

Wie sëtzt an deem Conseil de résolution? Den Direkter vun der CSSF, den Directeur du trésor, den Directeur général de la Banque centrale, den Directeur en charge vun der Surveillance bancaire an de Magistrat. Firwat e Magistrat?

Eh bien, well mer geduecht hunn, dass et gutt wier, en Onofhängegen dran ze hunn - dat war eng vun deene Froen, déi gestallt gi sinn -, en Onofhängegen dran ze hunn, well déi Resolutiounen, jee nodeem wéi se ausginn, jo ëmmer op Prozesser herno dérapéieren. Dofir d'Iddi, en onofhängege Magistrat dran ze hunn. Mir hunn dat och dofir esou gemaach, well mer wollten d'Käschte limitéieren a mer och gemengt hunn, dass mer an der CSSF, wat d'Leit ubelaangt, trotz de Separatiounen vun de Fonctiounen, déi richteg Qualifikatiounen bei de Leit géife fannen.

Wann also an där heiter Direktivëmsetzung eng Resolutioun geschitt, dann ass dat mam But, fir d'Kontinuitéit vun der Bank ze sécheren. Et ass also eng Alternativ zur Liquidatioun. Et ass nach net ganz vill Erfahrung an deem Domän, fir ze wëssen, wat en fin de compte op europäeschem Niveau hei wäert d'Regel ginn, well do ass och eng Opportunitéitsfro, déi sech stellt, ob een d'Banken, déi schlecht dru sinn, ob een déi soll retten oder ob een déi soll an d'Faillite goe loossen.

Sécher ass, dass déi Pläng, déi Pläng vu Renflouement, „bail-in“ genannt, eng ganz wichteg Roll spillen, well do den Aktionär an den Investisseur ganz staark an Usproch geholl ginn, ier dass een u de Fonds de résolution national oder européen geet, an dann eréischt erëm eng Kéier en cascade un den Aktionär an un den Investisseur, ier dass een iwwerhaupt de Stat, en toute dernière instance, géif touchéieren.

Ech wëll signaléieren, dass mer och an d'Gesetz ageschriwwen hunn, dass mer eng Ligne de crédit vun e bësse méi wéi enger Milliard virgesinn hu fir d'Ufanksphas vum Fonds de résolution. D'Ufanksphas. Also eng Garantie hannendrun, soulaang déi Contributiounen vun de Banken nach net voll abezuelt sinn. An d'Period, wou dat alles mutualiséiert soll ginn, dauert aacht Joer.

Zum Volet Garantie des dépôts.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift, an der zweeter Reil!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Do hu mir effektiv elo virgesinn, dass





dat soll op Recommandatioun och vum Conseil d'État en Établissement public ginn. D'Banke wäerten all Joers do hir Contributiounen dann erabezuelen. Et ass also e Système ex ante. Et ass awer fundamental en anere System wéi deem, dee mer haten, well deem, dee mer hate vun der AGDL, war e System, dee vun de Banke selwer organiséiert war. Et war also e Privatsystem. Et war och e System, dee ganz wéineg aner Länner haten.

D'Gesetz gesäit vir, dass d'Banke bis 2018 sollen deem éischte Compartment vun deem Fong fällen. Dat ass méi séier wéi dat, wat virgesinn ass an der Direktiv, wou d'Period méi laang ass. Mä mir hu mat der ABBL geschwat, an do si considéabel Reserven elo schonn am existéierende System, déi also schonn op d'Säit gesat sinn. An dofir dierft dat kee risege Problem si fir d'Banken, fir elo op e puer Joer étaléiert dat, wat scho souwisou op der Säit ass, Schratt fir Schratt an deem neie Fonds de résolution ze bezuelen.

Wat elo deem zweete Compartment ubelaangt, dee jo vill kritiséiert ginn ass an iwwert deem mer och Gespréicher hate mat der ABBL, wéll ech Folgendes soen: Op der ABBL hirer Säit gëtt gekuckt op wat?

Op den Intérêt direct, op de finanziellen Intérêt vun der Bank. Dat ass normal. Dat Zweet, wat gekuckt gëtt, ass d'Attractivité vum Site, wat ganz wichteg ass. Dat Drëtt, wat gekuckt gëtt, dat ass vläicht och de Reflex, well mir en anere System haten - mir haten e System ex post -, deem d'Banke selwer géréiert hunn. Déi sinn also guer net gewinnt, dass d'Pouvoir-publicken oder dass d'Gesetz oder dass Europa elo do interferéiert. Mä dat ass nun eben elo esou! Dat hu mir net erfondt, mä dat ass elo eng europäesch Regelung.

Dat sinn déi Saachen, déi d'ABBL, d'Banke gesinn.

Wat gesäit d'Lëtzeburger Regierung, a wat soll de Stat kucken?

Dat Alleréischts ass d'Protection des déposants. An dat ass hei zu Lëtzebuerg verbounen mat Erfahrungen, déi relativ rezent sinn, déi eis mussen iwwerleeën doen. Den Deputéierte Fayot huet vun den isländesche Banke geschwat, déi bei der Finanzkris 2008 faillite gaange sinn, wou Filialen hei waren zu Lëtzebuerg, wou de Montant vun Dépôts en fin de compte, dat heescht, wann ee scho vill Saachen ofgezunn huet, an engem Ordre de grandeur vun 300 Milliounen war!

Or, 300 Milliounen ass méi wéi dat, wat am éischte Compartment elo kënnt. Déi Ziffer vun 300 Milliounen gëtt op verschiddene Plaze genannt. No de leschte Calcule wäerten d'Contributiounen vun de Banken an den éischte Compartment ronderëm 230, 240 Milliounen leien. Da setzen ech en parallèle déi 300 Milliounen, déi d'isländesch Bankekris kascht huet, an den éischte Compartment zu Lëtzebuerg, 230, 240 Milliounen. An dat si kleng Banken! A la limite kleng Mëttelbanken! - Punkt eent.

Punkt zwee: D'Kredibilitéit vun eisem System zu Lëtzebuerg. Ech kréie gesot - an dat ass richtig, ech leegnen dat jo net -, et huet keen anert Land envisagéiert, dat ze maachen. Ech soen awer Folgendes: Wann zu Lëtzebuerg eise Fonds de garantie des dépôts ze séier eidel gëtt, a mir kënnen d'Déposanten net rembourser, da soen ech lech, da steet dat op der éischter Säit vum „Financial Times“. Wann dat selwecht zu London oder zu Frankfurt geschitt, da steet et op der sechster Säit vum „Financial Times“. A wann et an deene Länner geschitt, da gëtt net gesot, d'Finanzplaz vu London oder vu Frankfurt wier ze grouss. En revanche, wann eppes bei eis geschitt, da gëtt gesot: „Kuckt dat klengt Land Lëtzebuerg, dat huet e Fong, deem ass bei där klengster Bank, déi e Problem huet, dann eidel!“

De Luc Frieden, mat deem ech e ganz gudde Kontakt ëmmer hat an nach ëmmer hunn, huet mer eng Kéier gesot, dass, dat war virun zwee anenhalleft Joer, dräi Joer, wéi d'Finanzkris an Zypern ageschloen huet, ech ka mech ganz gutt un deem Owend op der englescher Ambassade erënneren, do huet de Luc Frieden mir gesot: „Pierre“, sot en, „dat hei ass dat Geféierlechst, wat eis ka passéieren.“

D'Argument géint Zypern ass weder, dass se d'Gesetz net anhale vun Europa nach dass se keng gutt Europäer sinn nach dass se net uerdentlech Capacitéiten hunn. D'Zypriten débrouilléiere sech ganz an der Rei. Den Angle d'attaque ass deem heiten: Zypern ass kleng an Zypern huet eng grouss Finanzplaz! A géint dat Argument ass kee Kraut gewuess.

Drëtte Punkt: d'Reputatioun vun eisem Land. Ech hätt net geduecht, dass ech misst hei do robber agoen, mä wann ech déi Argumenter alleguerten héieren, déi wëlle weisen oder gleewen doen, dass hei liichtfankeg eng Décisioun proposéiert gëtt, liichtfankeg, dass mer mat der ABBL net sérieusement driwwer ge-

schwat hätten an dass mer dat nëmmen aus Muttwéll géife maachen, wéll ech soen: Wa mir nëmmen dem Intérêt direct vun de Banken nolauscheren als Regierung an als Stat, fir eis Bankeplaz ze reguléieren, dann hu mer ze vill Risiken!

Wat ass dann 2009 geschitt? Mir hunn den Échange d'informations sur demande esou minimalistesch ëmgesat, dass mer op eng schwaarze Lëscht komm sinn! Dat war awer dat, wat d'Banke wollten! A wivill Banken hunn ech duerno gesinn, a menger viregter Fonctioun an elo, wou ech Minister gi sinn, déi gesot hunn: „Mir müssen onbedéngt vun där schwaarzer Lëscht fort! Onbedéngt! Ganz urgent! Dat ass dat Allerwichtigst! Dat dépasséiert all anere Problem!“

Hu mer dann näischt dorausser geléiert?!

► **Une voix.** - Dach!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Majo, dat ass awer genau d'Saach! Dat ass genau d'Saach!

(**Brouhaha**)

A wa mer an der Aktualitéit all Kéiers, wann dat Wuert „Lëtzebuerg“ fällt - Gott sei Dank geet et säit e puer Méint besser! -, mat der LuxLeaks-Saach, all Kéiers, wann een enzwousch optrëtt, soss näischt héiert wéi „paradis fiscal“ an „LuxLeaks“, mengt Dir, dass dat dote gutt ass fir eis Finanzplaz an dass dat de Banken hëllef? Dofir schreiwen ech an d'Regierung d'Reputatioun vun der Bankeplaz ganz grouss.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Finanzminister!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Erlaabt Der, dass den Här Mosar...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Neen, ech maache gär, ech hunn hien och net ënnerbrach, ech maache mäi Rasonnement gär fäerdeg.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Okay, dann...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Da kommen ech herno drop zrëck.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech wëll awer hei d'Dier net zoumaache fir den Dialog. Ech wëll hei net mëssverstane ginn. D'Finanzplaz ass ganz wichteg. Mir haten eng Debatt hei virun dräi Wochen. Ech hunn lech jo gesot, dass ech mäi Liewe laang mech agesat hu fir d'Finanzplaz. Ech wäert dat och weider maachen. An dofir, ech maachen hei keng Dier zou, ech maachen hei gär Dieren op!

Dee Projet hei ass immens komplizéiert. Et si ganz vill Froen gestallt ginn. Ech wëll dat hei net polemesch tritéieren. Ech si ganz gäre bereet, dass mer am Ufank vum nächste Joer Verschiddener vun deene Saachen, déi vläicht net optimal geregelt sinn, dass mer déi nach eng Kéier kucken, am Dialog mat den Akteuren, am Dialog mat der Cofibu.

Haaptsächlech soen ech dat wéinst deem zweete Compartment, well do och en neit Element an d'Spill komm ass, wat virun zéng Deeg nach net do war. An ech wëll dat awer hei ganz kloer erklären, dass dat fir mech e sprangende Punkt ass, dee sech natierlech nach net konnt an deem Gesetz erëmispigelen, well et dat nach net ginn ass. A wat ass dat? Dat ass d'Proposition de directive vun der Kommissioun, fir e Système européen de garantie des dépôts ze maachen. Dat ass d'lescht Woch am ECOFIN de 7. Dezember presentéiert ginn. Virdrun hu mer deem net kannt.

An do ginn ech dem Här Reding recht, wann e seet, mir missten awer oppassen, dass den zweete Compartment, wa mer dee scho maachen, ma dass mer deem zu Lëtzebuerg halen! Ma dat war nach ëmmer meng Intentioun! Mir maachen dat jo net, fir en ze mutualiséieren. Mir maachen dat fir Lëtzebuerg.

A wa mer dat dann, an do kann ech lech elo scho soen, dass ech do honnertprozenteg domat averstane sinn, an op deem Punkt ganz bestëmmt mussen mer d'Gesetz nobesseren, mä dat konnte mer an deene kuerzen Délaien elo net maachen.

(**Interruption**)

Wat gelift?

► **Une voix.** - Loosse mer dat ewech?

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Wat loosse mer ewech?

► **Une voix.** - Den Duebelen?

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ah jo, mä dat ass net déiselwecht Äntwert. Mir schwätzen hei vun zwou Saachen.

Entweder... Also wéi gesot, ech si bereet, dass een driwwer schwätzt, dass ee beim zweete Compartment op jidde Fall sécherstellt, dass deem zu Lëtzebuerg soll sinn.

Et ass och eng aner Saach, déi mer onbedéngt mussen méi am Detail kucken, am Intérêt vun der Finanzplaz: Dat sinn all fiskalesch Aspecten. Et gëtt e Land, Däitschland, do dierf een déi Cotisatiounen, déi een elo hei muss abezuelen, net fiskalesch ofsetzen. Ech kann lech soen, dat huet vill méi Impakt wéi deem duebele Compartment, dee mer an zéng Joer maachen. Vill méi!

A wa mir fiskalesch dat heite propper léisen, a vu dass d'Banke gutt Reserve schonn hunn, da soen ech lech: De fiskaleschen Traitement, deem dat neutraliséiert, deem ass vill méi Geld wäert, wéi den zweete Compartment.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - An ech sinn och bereet, iwwer aner Saachen ze schwätzen. Just, fir ze soen, ech wëll hei keng Dier zoumaachen. Ech si bereet, iwwer all déi Saachen ze schwätzen. Mä et ass urgent, dass mir dee Projet hei stëmmen.

Ech géif gären..., ech ka mech och, ech maachen dat och elo. Ech ka mech hei platt entschëlegen. Ech maachen dat ganz gär. Enfin gär! Ech maachen dat, well Der zum Deel recht hutt, Här Mosar, dass dat ze spéit komm ass. Dir hutt recht!. Dir hutt honnert Mol recht. An ech huelen dat op mech.

Ech wëll nawell d'Fonctionnaires, déi zum Deel hei sinn, déi ganz vill geschafft hunn op deem Projet, en fait hu se d'ganz Fréijoer an de Summer drop geschafft - ech hat Reunione mat hinnen deeglaang, wou mer déi Saach tranchéiert hunn, déi mer tranchéiert hunn. Et ass awer ze spéit komm, am Sënn, dass... Wéini war den Dépôt? Am September, den 3. September. Dat ass ze spéit. D'accord, dat ass ze spéit.

Mä mir müssen eis awer sérieusement d'Fro stellen, den 3. September, an de Conseil d'État huet en den 18. September kritt. Mir müssen eis dach awer hei ënner ons d'Fro stellen: Musse mir dann, wann dat dann den 3. oder den 18. September ass, mussen mir dann op de Conseil d'État einfach waarden? Ech stinn zur Verfügung, a meng Equipe steet zur Verfügung. A mir hunn dat net genuch gemaach. Mir hunn dat net genuch gemaach, fir...

(**Interruption**)

Neen, et ass net géint den Här Berger. Ech schwätzen...

(**Interruption**)

Loosst mech, wann ech gelift, fäerdeg schwätzen. Ech schwätzen hei vu mir. Den Här Berger, wann ech den Här Berger gefrot hätt, ech kéim gären, dann hätt hie mech natierlech gär komme gelooss, mä et ass d'Chamber, déi d'Ministere rífft oder déi d'Équipe rífft. Dat ass d'Regel. Ech hunn dat gutt verstanen.

Ech wëll lech just soen: Mir hunn dach all Intérêt hei, dass mer iwwert déi Projete virdru schwätzen an net waarden, bis den Avis vum Conseil d'État kënnt!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat ass awer just dat, wat mer wëllen.

(**Brouhaha**)

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Majo, ech fannen dat ganz gutt...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et ass awer just dat, wat mer wëllen,...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - ...an ech sinn och d'accord.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - ...mä de Président vun der Kommissioun mécht awer den Ordre du jour, Här Minister, an net d'Opposition!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, bon. Mä dat kënne mer jo verbesseren.

Ech wëll awer soen, fir...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - D'accord, mir maachen den Ordre du jour déi nächste Kéier.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech wëll dat gär verbesseren. Ech wëll soen, dass awer meng Equipe den 18. Oktober an d'Cofibu komm ass.

(**Brouhaha**)

Mä si ass komm den 18. Oktober. Mä dat ass net duergangen, well de Projet ze grouss ass. Domat sinn ech och d'accord! Mir hätten dat missen. Mä dofir soen ech dat, wéi ech hei mengen: Mir müssen dat all..., enfin, ech huele mer et selwer vir. Ech kann lech soen, deenen, déi an der Cofibu sinn: Dir wäert mech méi oft gesinn, bei all Projet de loi. Ech kommen e selwer virstellen. Dat wäert ech ganz séier maa-

chen. An da kënnt Der all d'Froen stellen, fréi am Processus, amplaz dass ee ganz zum Schluss waart an d'Froen vum Conseil d'État iwwerhëlt, vun deenen der dräi Véirel op der Hand leien an déi mer direkt kënne beäntweren.

► **Une voix.** - Très bien!

(**Brouhaha**)

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Also, ech sinn net stolz, guer net stolz, dass mer hei „the last mover“ sinn. Ganz bestëmmt net! Mä ech hoffen, dass mer en „mover“ sinn, dat heescht, dass mer haut bougieieren, dass mer dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Entschëllegt, Här Finanzminister, mir haten...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ah, Dir hat nach eng Fro.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift, mir haten ofgemaach, dass den Här Mosar nach eng Fro stellt.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci fir déi Explikatiounen vum Här Finanzminister. Och Merci, et ass ëmmer gutt, wann een am Liewen emol selwer eng Kéier e Feeler zougëtt. Mir huelen Akt dovun. Mir huelen och Akt dovun, Här Minister, dass Der gesot hutt, Dir géift lech verbesseren, Dir géift méi oft elo an d'Kommissioun kommen.

Well den Haaptproblem ass nämlech och gewiescht, dass Är Beamten, déi dat par ailleurs exzellent maachen, et ass also guer kee Virwurf un Är Beamten, dass déi komm sinn, mir awer der Meenung sinn, bei esou wichtige Projeten, an Dir sidd mat mer d'accord, dass do de Minister selwer soll kommen. A leider Gottes huet dat awer gedauert bis de leschte Méindeg, ier Dir komm sidd. Et gëtt sécherlech eng ganz Rei vun Explikatiounen. Mä mir huelen Akt dervun, dass Der gesot hutt, Dir géift dat an Zukunft da besser maachen.

Ech hunn awer e bëssen e Problem, muss ech elo soen, ech hu mir - mengen ech dat kënnen ze soen - ganz vill Méi ginn, fir hei eng ganz Rei vu Froen ze stellen. Ech hunn elo aus Ären Explikatiounen, ausser dass Der just sur le bord déi eng oder aner Fro abordéiert hutt, hutt Der fundamental op keng vun deene Froen do geäntwert. Ech verstinn och, dass dat de Mëtte vläicht net ganz einfach ass.

Dir verstitt awer och, dass mir als Oppositionsdeputéierten eis Aarbecht wëllen anstänneg maachen. Ech mengen, dat hu mer hei gemaach. Mir hunn eis vill Méi ginn, fir dee Projet ze kucken, fir Froen ze stellen. Mir hätten awer och iergendwéi gären Äntwerten op déi Froen, an notamment de Franz Fayot huet jo eng Rei äänlech Froen gestallt.

An ech wëll elo net nach eng Kéier all déi Froen opwerfen, ech wollt awer trotzdem, wann Der erlaabt, op zwou agoen, déi essenziell sinn. Op déi eng hutt Der guer net geäntwert. Dat ass déi Thematik vun deem Établissement public. Dat ass juristescht, mengen ech, wierklech e ganz décke Problem, dee sech do stellt. A jiddwer Verfassungsrechtler wäert lech dat och soen, dass mir hei en Établissement public an en anert Établissement public ersetzen, soen, déi missten awer total onofhängeg sinn. Bei deem Établissement public steet just an engem Saz, dass et en elo gëtt, ouni ze definéieren, wat d'Missioone sinn. Do wäre mir awer frou, wa mer eng Äntwert géife kréien.

An dann eng zweet Fro, déi ech wollt stellen, well dat och net richtig ass an der Duerstellung, dass déi Dépôt-de-garantien ugeet. Dir sot: Mir setzen dat elo vun 0,8 op 1,6 an d'Luucht. De Problem ass just, dass ass net nëmmen e Problem um Niveau vum europäeschen „level playing field“, mä et ass och e Problem hei zu Lëtzebuerg um Niveau vum „level playing field“. Firwat? An déi Fro wollt ech lech stellen. Déi heiten Dépôt-de-garantië betreffe just d'Lëtzebuergesch S.A., do si mer eis eens, just d'Lëtzeburger S.A., a betreffen net d'Succursale vun auslännesche Banken.

An ech soen lech elo schonn, an déi Kolleegen, déi e bëssen eppes dermat ze dinn hunn: Wat wäert elo geschéien? All déi Banken, déi an enger S.A. sinn, déi, déi Fongen an der S.A. hunn, déi transferéieren déi elo an eng Succursale, well se do just müssen 0,8% bezuelen.

An do wollt ech einfach d'Fro stellen, mir kréien also och nach intern hei zu Lëtzebuerg e Problem vu „level playing field“, an do wollt ech d'Fro stellen: Sidd Der lech däre dote bewosst? Wéi komme mer do eraus? Well et





ass awer ganz onglécklech, wa mir eis och elo nach selwer hei Konkurrenz maachen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, Merci, Här President. Um zweete Punkt hunn ech net am Detail geäntwert. Mä ech hu jo gesot, dass mer déi ganz Problematik vum zweete Compartiment, den Aspect européen vum der Saach, dass mer déi Suen hei hale wëilten, an dass ech deem dote Problem, däers ech mer bewosst sinn, vun deem ech awer d'Ampleur nach net richtig kann aschätzen, wäert kucken.

An zum éischte Problem, Établissement an engem Établissement public. Et ass esou, dass an der Transposition, wéi mer se elo hei hunn, eng Deskriptioun awer besteet vun deem, wat deem Établissement public fir de Fonds de résolution soll maachen, wéi en zesummekënnt, wat d'Natur vu senger Aarbecht ass an esou. Et ass net esou, dass mer näischt hei dran hunn.

Mä dat ass och eng Fro, déi mer da musse léisen, déi jo och en fait doduerch kënnt, dass de Conseil d'État dat proposéiert huet. Mir haten dat jo net am Projet d'origine dran. Mir wollten dat op eng méi flexibel Aart a Weis maachen. De Conseil d'État huet eis dat recommandéiert. Den Avis vum Conseil d'État, wéi mer alleguete wëssen, hu mer eréischt e puer Deeg. Mir sinn amgaangen, deem alleguerten ze verdauen. Ech mengen, dat ass och eng Fro, déi mer eis muss stellen.

Ech géif och proposéieren, et ass vläicht och original, mä dass mer all déi Sujeten, déi ech opgezielt hunn, eng Kéier an der Cofibu zesummen am Januar diskutéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, den Här Wiseler.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo. Wann ech elo richtig verstanen hunn, huet den Här Mosar 40 Froen, eppes méi wéi 40 Froen hei gestallt, dovunner ass dee gréissten Deel elo net beäntwert ginn. Et ass awer eng Ouverture gemaach ginn, fir déi Froen dann och am Detail an deem nächste Mount - am Januar - ze beäntwerten. Ech apprécieieren déi Ouverture. Dat sinn aner Téin, wéi mer se de leschte Méindeg an der Kommissioun héieren hunn.

Wann ech dat elo richtig verstanen hunn, huet de Minister hei proposéiert oder gesot, dee ganzen Text misst souwiso nach eng Kéier op de Leescht geholl ginn, fir datt mer u sech deem zweete Compartiment och zu Lëtzebuerg halen, datt mer dat och an deenen nächste Méint géife maachen. Och dovunner huele mer Akt an halen drop, datt dat dann och esou schnell wéi méiglech geschitt.

Bleift awer nach dee leschte Punkt, dee fir mech och net onwichtig ass an deem awer och haaptsächlech d'Chamber bestëmmt. Mir hunn zu deem Text, Artikel 62 an Artikel 105 haaptsächlech, eng Rei Opposition-formelle vun dem Conseil d'État kritt, Opposition-formellen, bei deenen, bei der classescher Aart a Weis, wéi des Chamber mat Opposition-formellen ëmgeet, normalerweis hätt missen en Amendement gemaach ginn. Dat ass elo op en anere Wee gaangen. Et ass eng Demande un de Conseil d'État geschéckt ginn, fir deem Amendement ze ëmschëffen.

Ech hätt awer och gär, datt mer an der Chamber, an der Conférence des Présidents oder am Büro, oder wou Der ëmmer wëllt, Här President, déi Diskussioun dann eng Kéier opwerfen, well mir haten op Basis vun där Aart a Weis, wéi mir geschafft hunn, déi mer eis 2012 alleguer selwer hei ginn haten, aner Prozeduren, fir mat Amendementen ëmzegoen a fir mat Opposition-formelle vum Conseil d'État ëmzegoen. Ech hunn déi nach wie vor déizäit richtig fonnt. Ech gesinn elo, datt se ausser Kraaft aus dem Drock eraus gesat ginn. Dat apprécieieren ech net. De Conseil d'État muss kucken, ob en dann déi Dispens gëtt oder net. Deen ass och wahrscheinlech domadder ënner Drock gesat.

Mä mir insistéieren, datt déi Diskussioun och nach gefouert gëtt.

**(Interruption par M. Pierre Gramegna)**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat riicht sech un eis.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mir wäerten dat an der Conférence des Présidents selbstverständlech diskutéieren.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Finanzminister. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm. An ech géif direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6866 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6866 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss. 60 Participatiounen um Vott: 34-mol Jo, 26-mol Neen. Domat ass de Projet 6866 adoptéiert.

*Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Serge Urbany et David Wagner.*

*Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

An ech froen d'Chamber, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen elo zum Projet de loi 6891 iwwergoen, eng Rei vun Ofännerungen am Rumm vun eiem Steierregimm. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice vun deem Projet de loi, d'Madamm Joëlle Elvinger. Dir hutt haut ee laangen Tour.

### 3. 6891 - Projet de loi portant modification

- **de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;**

- **de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;**

- **de la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation;**

- **de la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la Société d'investissement en capital à risque (SICAR);**

- **de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep)**

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.**- Jo, ech hunn haut e bësse Festival. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, zu deem ech op dëser Plaz de Rapport maachen, huet eng gewëssen Urgence, well verschidden Dispositiounen vum eiem Steierrecht fir Betriber net konform zum EU-Recht méi sinn.

An engem Brëif vum 10. September 2014 huet déi Europäesch Kommissioun eis drop higewisen, dass déi ab 2011 agefouert Minimalsteier bei der Kierperschaftssteier, dem sougenannten Impôt sur le revenu des collectivités oder kuerz och IRC genannt, net konform zur Directive „mères-filles“, der Direktiv 2011/96/UE wier. Vu dass mer do kuerz virun enger Procédure d'infraction stinn, gesäit de Gesetzestext vir, dës Minimum vum IRC op d'Vermögenssteier ze iwwerdroen. Dës Changement trëtt dann ab dem 1. Januar 2016 a Kraaft.

**(Madame Simone Beissel prend la présidence.)**

Madamm Presidentin, de Gesetzesprojet gouf den 13. Oktober 2015 vum Finanzminister depouéiert. De 5. November goufen Amendements gouvernementaux ugeholl. D'Chambre des Salariés huet hiren Avis de 17. November

ugeholl an d'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 27. November dëst Joer ofginn. Den Avis vum Statsrot datéiert vum leschten Donneschdeg, dem 10. Dezember, an de schréffleche Rapport gouf de 14. Dezember dëst Joer an der Finanz- a Budgetskommissioun vun der Chamber ugeholl.

Här President, ech hunn et gesot, viru fënnef Joer, och am Dezember - oder Madamm Presidentin -, viru fënnef Joer, och am Dezember, gouf op dëser Plaz e Gesetzesprojet diskutéiert, deem et a sech hat! An et goug ëm eng ganz Rei Mesuren, déi am Kader vun der Finanzkris geholl goufen. Deen Text huet eng minimal Steier beim IRC agefouert. Am Oktober 2014 huet d'EU-Kommissioun dëst awer als net konform ugesinn, soudass Lëtzebuerg ugesicht kéint ginn, wann net gehandelt gëtt!

Eng Méiglechkeet wier et elo, des Minimalsteier ewechfalen ze loosse, wat awer grouss Aboussen am Statsbudget géif ginn. Mir kënnen eis dat einfach an dësen Zäiten net erlaben! Ech si frou, dass mer och op deem Punkt verantwortungsvoll agéieren. Mir huelen elo des Minimalsteier aus dem IRC eraus a setze se bei d'Vermögenssteier, déi d'Betriber jo och bezuelen, derbäi. Esou gläicht sech des Mesure am Budget aus an och fir d'Firme wäert sech, ënnert dem Stréch, net vill veränneren. Och wäert d'Alimentatioun vum Fonds pour l'Emploi heivunner net beaflosst ginn.

Madamm Presidentin, mir wëssen, dass vill Länner an der Europäescher Unioun iwwerhaapt keng Vermögenssteier fir Gesellschaften hunn, an dass mir elo duerch des nei Minimalsteier a Saache Vermögenssteier op deem Niveau zouleeën. Och dofir goufen hei d'Tauxen ugepasst. Bis elo gouf et een Taux an dee louch bis bei 0,5% vun der Fortune. Dee bleift och fir d'Tranche bis 500 Milliounen. An ab deem Montant gëllt dann awer ab 2016 den Taux vun 0,05%.

Dëst ass eng Mesure, déi geholl gëtt, fir eis Steuerlandschaft och fir grouss Betriber attraktiv ze halen. Ech weess, an deem Kontext war e bëschen Duerjerneen d'lescht Woch. Esou oder esou, ech fannen et richtig, dass de Stat oppasst, dass eis Recetten och an de kommende Jore weider klamme kënnen.

An deem Kontext kënnt och eng Ännerung fir d'Betriber, déi e Bilan vun iwwer 30 Milliounen opweisen. Hei gëtt eng iewescht Tranche vun der Minimalsteier vun 20.000 op 30.000 Euro ugepasst, wat 32.100 ginn, wann een den Impôt de solidarité derbäihëlt.

Am Kader vun dëse punktuellen Upassunge vun eiem Steierrecht proposéiert de Gesetzestext och, fir de sougenannte Prinzip vum „step up“ anzeféieren. Wann eng Persoun sech hei am Land néierléisst, also seng Résidence fiscale am Grand-Duché kritt, an duerno verschidde Participatiounen verkeeft, déi se virum Transfert vun hirem Wunnsätz awer scho kaaft hat, da gëtt déi Plus-value besteiert, déi an deem Zäitraum ugefall ass, wou d'Persoun hei ugemellt ass. Dëst ass awer och nëmmen normal, well d'Plus-value, déi virum Transfert op Lëtzebuerg ugefall ass, näischt mat eiem Land ze dinn huet. An esou gëtt eng Duebelbesteuerung éviéiert.

Madamm Presidentin, ech si frou iwwert déi gutt Zesummenaarbecht mam Finanzminister, soudass mer haut de Mëtteg e Gesetzesprojet stëmme kënnen, dee verhënnert, dass eist Land ugeklot gëtt. Duerch verschidden Adaptatiounen am Steierrecht bei de Betriber setze mer eis Steierdispositiounen à jour a stelle weider sécher, dass mer eng kompetitiv Steuerlandschaft behalen.

Ech kann dowéinst och mat rouegem Gewëssen den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

Ech wëlt awer hei op dëser Plaz och nach e grouse Merci der Sekretärin vun der Finanzkommissioun soen, dem Caroline Guezennec, wat souwuel an deem Projet de loi wéi och an deem Projet de loi, vun deem ech de Moien de Rapport gemaach hunn, den 6847 iwwert d'Directive „mères-filles“, eng exemplaresch Aarbecht gemaach huet a wierklech och nom spéiden Avis vum Statsrot nach déi Rapporten adaptéiert huet a verschéckt huet an och keng Aarbecht iwwert de Weekend gescheit huet. An dofir e grouse Merci vun dëser Plaz!

An ech soen lech dann och alleguete Merci fir d'Nolauschteren.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci, Madamm Elvinger, fir de Rapport. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Finanzminister, virdrun hu mer eis hei laang mat engem Projet beschäftegt, vun deem zu Recht gesot ginn ass, en hätt eng Drénglechkeet um europäeschen Niveau, well en hätt eigentlech

scho misse bis den 31. Dezember vum leschte Joer iwwert d'Bün, a mir wëssen elo, firwat datt dat alles net esou schnell gaangen ass.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 6891 besteet esou eng Urgence iwwerhaapt net! An erlaabt mer vläicht, ganz kuerz awer e bësse och op den Historique vun deem Projet anzegoen, deem awer och typesch fir eng Funktionsweis vun dëser Regierung ass, déi schwéier nozevollzéien ass.

Et ass virdrun hei ugeklonge vun eiser exzellenter Rapportrice, der Madamm Elvinger, där ech wollt Merci soe fir hire schréfflechen an hire mëndleche Rapport an engem schwierger Thematik: Dee Projet ass also am Oktober déposéiert ginn an iergendwann eng Kéier am Dezember, ech hunn elo net méi de genauen Datum, sinn d'Fonctionnaire vum Finanzminister an d'Finanzkommissioun komm an hunn dee Projet exposéiert.

An ech ginn dat elo gär zou - an ech mengen awer, datt ech net deem Eenzenge hei an deem illustren Haus sinn -, virun deem Exposé hat wahrscheinlech aus deem ganzen Haus hei nach keen de Projet gelies. Mir hunn dofir eng Rei vu Froe gestallt. An déi ganz gentil an engagéiert Beamtin huet eis dann do e bëslechen erkläert, ëm wat et géif goen.

An ech muss lech soen, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer emol dunn erkläert kritt hunn, ëm wat et géif goen, hunn ech - an de Kolleeg Gast Gibéryen huet dat scho gëschter gesot -, awer d'Impressioun gehat, do wäre verschidde Kolleeginnen a Kolleegen, déi géife wéi begosse Puddelen do sëtzen, wéi se emol...

**(Interruption)**

...wéi se emol héieren hunn, wat an deem Projet de loi géif stoen.

A bien entendu, mir alleguer hunn eis dunn emol de Projet de loi op d'Broscht gezunn a mir hunn en emol eng Kéier am Detail gelies an - Ooh! - wat hu mer du lauter erstaunlech Saache festgestallt!

An ech muss awer nach eng Kéier op mäi Kolleeg, den Här Berger, zrëckkommen, deem op dem Här Gibéryen seng Interventioun bei RTL reagéiert huet a gemengt huet, den Här Gibéryen hätt de Projet de loi net gelies gehat.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net, ob entre-temps den Här Berger de Projet de loi gelies huet!

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Mä deemools hat hien en op jidde Fall net gelies, well soss hätt en net kënnen den Här Gibéryen esou duerch de Kacka zéien, wéi en dat herno deelweis an der Press gemaach huet.

Wat awer nach méi erstaunlech ass, Dir Dammen an Dir Hären, ass: Ech froe mech haut souguer nach, ob eis Sozialistesche Kolleegen dee Projet de loi in extenso gelies hunn. Well ëm wat geet et? Ech versichen elo kuerz, concis ze sinn, an dat nach eng Kéier ze erklären.

Den Objectif vum Projet ass - et ass och esou, wéi mer e ganz schéi philosophesch am Exposé des motifs erkläert kréien -, mir hätten e Problem mat der minimaler Betrëbsbesteuerung an do hätte mer e Brëif kritt vun der Europäescher Kommissioun, déi eis géif drop opmierksam maachen, datt mer do net honnertprozenteg konform mat där minimaler Betrëbsbesteuerung wäeren.

Elo soen ech lech, Dir Dammen an Dir Hären, där dote Bréiwer huet och schonn déi viregt Regierung kritt. Et ass also näischt Neies, datt do eventuell e Problem um Niveau vun der minimaler Betrëbsbesteuerung besteet.

Allerdéngs, Här Finanzminister, gesinn ech net, wat elo op eemol déi Saach esou dréngend mécht, datt mer onbedéngt virum 31. Dezember dat doten elo mussen einfach esou an enger Nacht-und-Nebel-Aktioun änneren! Dat hunn ech bis elo nach net verstanen, wat dat neit Element ass, wat eis forcéiert, virum 31. Dezember dës Projet ze stëmmen!

Elo ass dat ee Punkt vum Projet de loi, iwwert deem een effektiv kann diskutéieren, ob een déi Betrëbsbesteuerung, minimal Betrëbsbesteuerung net duerch eng minimal Besteuerung um Verméige vun de Gesellschafte kann ersetzen. Ech fannen, dat ass eng Diskussioun, déi ee sécherlech ka féieren, wou ech och net prinzipiell dergéint sinn.

Wat awer elo derbäikënnt, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass, datt des Regierung profitéiert vun deem Projet de loi, fir nach zwou aner Zorte vu Mesuren ze huelen. An do ass eng, an dat wëll ech awer och nach eng Kéier de sozialistesche Kolleeg soen, hei kommen och substanzuell Steiererlichterunge fir Privatpersounen, Dir Dammen an Dir Hären, näamlech fir Persounen, déi Participatiounen an anere Gesellschaften hunn an déi d'Résidence changéieren innerhalb vun engem Joer an déi elo